

## Amendement 2

Dozou hu mer den Amendement 2 vun der Madame Renée Wagener, deen Der och virleien hutt an deen och explizéiert ginn ass. Mir kënnen also dann direkt iwwert deen Amendement ofstëmmen.

### Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 33 Nee-, 12 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

*Ont voté oui* : MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

*Ont voté non* : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nancy Arendt), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.

*Se sont abstenus* : MM. Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi ;

M. Jean-Pierre Koepf.

Domadder ass also den Artikel 4 an där Form ugeholl, wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

Mir géingen dann elo iwwergoen zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Gesetzesprojekt.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi 5109 ass mat 43 Jo-Stëmmen, 12 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui* : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nancy Arendt), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler ;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

*Ont voté non* : Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-

Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

*S'est abstenu* : M. Jean-Pierre Koepf.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 4. Motion de M. Nicolas Strotz relative aux fibres d'amiante

Da komme mer nach zur Ofstëmmung iwwer eng Motioun, déi vum Här Nicolas Strotz agereecht ginn ass. Déi Motioun läit vir. Et huet also jidderen deen Text viru sech a mir kënnen direkt driwwer ofstëmme par main levée.

### Vote

Déi fir déi Motioun sinn, déi den Här Strotz abruecht huet, si gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass an domadder wär dee Punkt dann ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5152 iwwert de Kaf vun Immobilien um Site Belval-Ouest.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Graas, Jaerling an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

## 5. 5152 - Projet de loi autorisant l'État à acquérir des immeubles sur le site de Belval-Ouest

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet 5152 gëtt d'Chamber gefrot fir d'Regierung ze autoriséieren Terrainen a Konstruktiounen op de Frichen op Esch-Belval-Ouest ze kafen. Et sinn Terrainë vun enger Gréisst vu 27,34 ha an de Präis, deem am Projet de loi hei virgesinn ass, därerf 85 Milliounen Euro net iwwerschreiden. Déi Terrainë gehéiere momentan der AGORA. D'AGORA ass eng Développementsgesellschaft, wou d'Aktionäre gläichméisseg de Stat an d'Arcelor duerstellen an d'AGORA huet als Objet d'Terrainë vun de Frichen ze revaloriséieren an no kommerzielle Kritären ze verkafen.

### (Interruption)

Esou steet am Projet, Här Jaerling. D'Arcelor mécht also d'Apport vum hiren Terrainen, dat heescht vun de Friches industrielles an d'AGORA eran, nodeem datt se déi Terrainen entsuergt huet zum Präis vun 1.858,82 Euro, dat heescht, där aler Lëtzeburger 75.000 Frang den Ar. De Stat mécht an deem Moment wou d'Arcelor den Apport vun den Terrainë mécht eng deementsprechend Mise de fonds vun deemselwechte Wäert.

De Stat keeft also 27 ha Land an deem Fong, fir déi dem Fonds de Belval zur Verfügung ze stellen, de Fonds de Belval, dee vum Stat den Optrag kritt huet, fir op deenen Terrainen déi Équipementen ze realiséieren, déi de Stat brauch. An op deene 27 ha, déi hei opkaaft ginn, gesäit de Stat vir, éischstens den nationalen Zenter fir Industriekultur ze erriichten, zweetens déi geplangte Rockhal, déi mer scho gestëmmt hunn, drëttens déi natio-

nal Archiven, véiertens en technesch Lycée, mat den deementsprechende Sportinstallatiounen, fënneftens en Deel vun der Universitéit mat de Studentewunnengen, sechstens e Centre de recherche a siwentens och nach verschidde Verwaltungsgebaier.

D'Konditiounen, zu deenen de Stat déi Terrainen bei der AGORA kafe kann, goufen an der Konventioun, déi bei der Grënnung vun der AGORA ofgeschloss ginn ass, festgehalen, an do gouf Folgendes decidéiert: Éischstens, déi Terrainen, déi de Stat keeft fir kulturell Équipe-menten ze schafen, déi keeft de Stat zum Prix d'apport. Dat heescht den Apport, de Präis zu deem d'Arcelor den Terrain an d'AGORA erabruecht huet. Dat sinn déi 1.858 Euro den Hektar.

### (Interruption)

Pardon, déi 1.858 Euro den Ar. Dat heescht 75.000 aler Frang, plus natierlech d'Entwécklungskäschten op déi ech herno nach zrëckkommen. Zweetens kann de Stat vun der AGORA...

### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst de Riedner dach schwätzen! Fuert weider, Här Hauptert, déi aner solle roueg sinn an nolauschteren. Dat ass dach e wichtege Projet.

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*.- Zweetens kann de Stat 50 Hektar fir Aktivitéitszonë bei der AGORA kafen, och erëm eng Kéier zum Prix d'apport vun 1.858 Euro den Ar. De Stat muss awer och dorobber seng Infrastrukture selwer realiséieren. Drëttens kritt de Stat zéng Hektar fir seng eege Verwaltungsgebaier, déi en do wëllt oprichten, zu engem Präferenzpräis vun 372 Euro den Ar. Dat heescht zu 15.000 Lëtzeburger Frang, plus natierlech d'Entwécklungskäschten. A véiertens, déi Terrainen fir national Infrastrukturen, dat heescht déi Stroossen, déi Eisebunnen, déi duerch deen Terrain do solle verlafen, déi kritt de Stat vun der AGORA erëm eng Kéier zum Präferenzpräis vun 372 Euro den Ar. De Verkaufspräis fir déi Terrainen a fir déi Gebailechkeeten, déi hei virgesi sinn, gouf also op Grond vun deene Konditiounen, déi do festgehalen gi sinn, opgestallt. Dobäi ass de Präis vun de Gebaier op 4,9 Milliounen Euro évaluéiert ginn an deemem Projet.

Déi Gebaier sinn dat aalt Gebléishaus, déi verschidde Magasénger, déi nach op deem Terrain stinn, déi Verwaltungsgebaier, d'Direktiounsgebaier, déi op Belval stinn, d'Vestiairë vun den Aarbechter, d'Mëlle- rei an déi verschidde Minettreservoirs, déi och nach op deem Site do sinn. All déi Gebailechkeeten, déi de Stat hei fir 4,9 Milliounen iwerhéilt, goufe vun enger Entreprise de réviseurs op 16 Milliounen Euro geschat, an an deene 16 Milliounen oder an där Schätzung stinn den Héichuewen an déi Kamäiner, déi do stinn, pour mémoire dran. Also déi sinn zum Nulltarif hei enthalten.

### (Interruptions)

Si hunn näischt kascht. Voilà, sou einfach ass et. Jo.

Une voix.- Mol endlech een, deen dat weess.

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*.- Voilà. Duerfir wollt ech dat onbedéngt betounen, well déi meescht et jo heibannen net wollte gleewen. De grouse Problem, wéi ech scho gesot hunn an där ganzer Evaluatioun, sinn natierlech d'Entwécklungskäschten.

D'Entwécklungskäschten, déi hei an deemem Präis - de Gesamtpräis vun 82 Milliounen, an ech kommen nach dorobber zrëck -, déi

Entwécklungskäschten, déi am Ganzen 73 Milliounen Euro ausmaachen, dat heescht eppes ëm déi 90% vun deem ganze Verkaufspräis, déi Entwécklungskäschten, dat sinn déi Käschten déi d'AGORA ausgëtt fir deen Terrain ze viabiliséieren. Dat heescht, all déi Onkäschten, déi gemaach gi si fir Etüden ze maachen, all déi Onkäschten, déi néideg si fir d'Hochspannungsleitungen ze verleeën, all déi Käschten, déi noutwendeg si fir déi Eisebunn, besonnesch dat internt Eisebunnnetz vun der Arcelor, wou d'Arcelor mat hiren eegenen Zich nach ëmmer muss driwwer fueren, mussen also aus deem Terrain hei eraus veruecht ginn.

Da kommen natierlech d'Infrastrukturkäschten, d'Stroossen, aner Leitungen, Waasserleitungen an de Kanal, d'Fräe fir d'Commercialisatioun vun dem ganze Site, d'Organisatioun an d'Personalkäschten a finalement och nach déi Frais financiers, déi ufale bei den Emprunten, déi d'Arcelor eventuell ophëlt fir déi ganz Revalorisatioun do ze finanzéieren, nach dobäi. D'Évaluation vun deenen Onkäschten ass am Oktober 2002 op 270 Euro de m² geschat ginn, wat also en immense Chiffer ausmécht a wat dann natierlech bedéngt, dass déi praktesch zu 90% an där Transaktioun, déi mer haut hei solle stëmmen, enthalte sinn.

D'AGORA muss natierlech all véier Joer dem Stat en Décompte vun deenen Onkäschte virleeën, fir dass de Stat ka kucken ob déi Onkäschten och justifiéiert sinn, a beim Fall vun engem Dépassement vun deenen Onkäschte ginn natierlech déi Dépassementen op all déi Verkeefer oder déi Ukeefer, pardon, déi bis dohinne Terrainen kaaft hunn, répercutéiert. Also all dat zesumme mécht de Präis vun 82,3 Milliounen aus.

Ech detailléieren nach eng Kéier dat wat am Rapport steet: Éisch- tens, de Präis vum Terrain vun deenen zéng Hektar, déi zum Prix préférentiel verkaaft ginn, dat maachen 372.000 Euro aus. Dann 1.734 Aren zum normale Präis d'apport vun 1.859 Euro, wat 3.223.000 Euro ausmaachen. Dann d'Immeubles, vun deenen ech scho geschwat hunn, déi mer fir 4,9 Milliounen Euro hei veranschlagen. An dann d'Frais de développement op deene 27 Hektar zu 270 Euro de m², wat 73,8 Milliounen ausmaachen. Am Ganzen mécht dat e Präis vun 82,3 Milliounen, an do- fir gesäit de Gesamtprojet am Fong geholl eng Enveloppe vu 85 Mil- lioune vir.

De Finanzement vun deene 85 Mil- liounen ass virgesinn, fir an deenen nächste fënnef Joer ofgewéckelt ze ginn. Dat heescht an deene Bud- gete vun de Joren 2003 bis 2007 sollten déi néideg Suen zur Verfü- gung gestallt gi fir dee Präis hei ze bezuelen, an ech mengen am Bud- get 2003 an 2004 sinn deement- sprechend Sue virgesinn.

De Statsrot huet en Avis favorabel zu deemem Projet hei ginn. En huet awer dräi Bemierkungen am Kader vu sengem Avis gemaach. Eng éischt betrëft d'Situatiounspläng vun deenen Terrainen, déi hei kaaft ginn. De Statsrot verlaangt, dass déi Situatiounspläng an d'Gesetz annexéiert ginn an dass eng Bemierkung an dem Artikel 1 ge- maach gëtt, dass se Partie inté- grante vun deem Gesetz sinn. An dat ass och geschitt. Da seet de Statsrot awer och, dass nach eng Kéier déi Upassung vum Präis muss virgeholl ginn, wann déi defi- nitiv Vermessungen eriwuer sinn. Am Text steet dran, wann déi Diffe- renz méi wéi 5% wier, da misst de Präis revidéiert ginn an de Statsrot verlaangt, dass déi Revisioun vum Präis scho misst geschéie wann déi Differenz méi wéi 2,5% géng bedeuten. An dat ass och esou am Text iwwerholl ginn.

An da stellt de Statsrot nach eng Fro wat d'Entwécklungskäschten ubelaangt, déi Entwécklungs-

käschten, déi hei mat an deem Präis dra sinn, ob dat forfaitaire Entwécklungskäschte si fir déi ganz Revalorisatioun vum Site oder nëmmen op déi Terrainen, déi de Moment revaloriséiert solle ginn. Et ass kloer, dass dat e Forfait ass dee sämtlech Revalorisatiouns- käschte vun dem Terrain duerstellt. Drëttens mécht de Statsrot eng Opstellung vum Verkaufspräis vun den Terrainen, vun den nationalen Industriekulturzentren, woubäi en de Präis vun de Gebailechkeeten, déi am Fong geholl jo hei e Wäert sollen duerstellen, op där anerer Säit och d'Käschte vun der Etüd iwwert d'Realisatioun vun esou engem Zenter mat an den Terrain abezitt. Do ass d'Kommissioun der Meenung, dass de Statsrot sech géiert huet, wann en dat alles an dee Präis mat eranhëlt an dee Präis da selbstverständlech dee Moment iwwerdriwwer fënnt.

Voilà, d'Kommissioun huet an hirer Majoritéit dee Rapport hei guttge- heescht a si proposéiert der Cham- ber dee Projet esou ze stëmme wéi Der en hei virfannt. Ech ginn do- madder och den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éisch- ten Diskussionsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

### Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetzesprojekt hu mer et mat engem weidere Finan- zierungsgesetz ze dinn am Ze- sammenhang mat engem vun deene grouse Projeten, net nëmme vun deser Legislaturperiod mä och scho vun där virdrun, a sécherlech och nach vun där nächster, an zwar grouss Entwécklungsprojete fir d'Regioun Süde vum Land, wou et drëm geet eng Revitaliséierung an eng Neinotzung, vun engem Deel zumindest, vun deene frëie- ren ARBED-Industrieterrainen, den heitege Broochen, op d'Been ze kréien.

Duerch dese grouse Projet, deen an der Mëtt vun den nonzeger Jo- ren ugeduecht an ugefange ginn ass, an deen elo weidergefouert an an d'Exekutiounsphas geleet gëtt, entsteet hei zu Lëtzebuerg nient der Agglomeratioun Lëtzebuerg en zweeten Entwécklungs- an Attrak- tiionszenter ronderëm d'Gemeng Esch, en zweeten Entwécklungs- pôle complémentaire zu deem vun der Stad Lëtzebuerg.

Dese Projet ass awer och e Projet, deen eng ganz staark regional Komponent huet, deen iwwert déi direkt betraffe Gemenge vun Esch a vu Suessem erausgeet, a wou deen Impuls eng Dynamiséierung vun der ganzer Südregioun soll be- leeën, och vu sämtleche frëieren an nach heitege Stolstanduerter mat deenen Industriebroochen, déi do hektareweis op eng nei Notzung waarden.

Ech mengen, iwwert déi politesch Stoussrichtung vun deem ganze Projet hei besti keng gréisser Di- vergenzen tëschent de politesche Parteien hei am Parlament. Et bleift awer, dass mer als LSAP schonn ëmmer awer op eng Rei vu Punk- ten higewisen hunn, wou mer der Meenung sinn, dass Schwaach- stellen an deem Dossier sinn an dass deen Dossier nëmme ka funk- tionéieren, wann et eng reibungs- los Partnerschaft gëtt, engersäits tëschent den öffentliche Träger: dem Stat, de Gemengen, an de pri- vaten Träger, haaptsächlech natier- lich der ARBED, an natierlech och innerhalb dem öffentliche Secteur tëschent dem Stat an deene Ge- mengen, déi mat implizéiert sinn, respektiv och dem regionale Süd- syndikat.

Dat muss eng Zesummenaarbecht vu gläichberechtigte Partner sinn, a grad dat ass eben d'Schwierig- keet an deem heiten Dossier, well hei sécherlech e ganz staarkt Ge- wicht, e ganz staarken Afloss vun deem staarke Privatpartner, der

ARBED, an deem Dossier matspillt. Dat kann natierlech zu Interessekonflikter féieren, well e private Partner sécherlech éischter dat Kuerzt- an dat Mëttelefristegt am Aen huet, eng relativ schnell Rentabiliséierung vu senge Gelder. De Stat an d'Gemengen als öffentlechen Träger müssen hiert Aen eigentlech op dat Laangfristegt ausgeriicht hunn. Et ass net ëmmer einfach, dat hunn och déi éischt Jore gewisen, déi zwee Gesichts-punkten op e gemeinsamen Nenner ze bréngen.

D'Regierung huet grouss Ambitiounen affichéiert. Si huet gewalteng öffentlech Investissementer an de Süden, a besonnesch och op den Domän vun Esch-Belval-Ouest anonciéiert. Mir müssen eis haut d'Fro stellen, ob d'Regierung sech och d'Mëttele gëtt oder ob Mëttele bereet sti bei enger nächster Regierung, fir déi doten affichéiert Ambitiounen och an den affichéierten Délaien ëmzesetzen.

Wat geschitt 2005, wat geschitt besonnesch 2006 an 2007? Déi Fro stelle mer net nëmme fir den Dossier vun de Frichen, mä déi Fro stellt sech allgemeng fir den Investissementsprogramm vum Stat, wou ganz vill Projeten dra sinn, déi sollen op déi heiten Industriebroochen ugesidelt ginn. Déi Diskussioun wäerte mer sécherlech beim Budget dëst Joer méi am Detail féieren, wéi dat déi aner Joren de Fall war. Et muss een also genau préifen, net nëmme wat ass nächst Joer, wat ass och nach d'Joer drop, mä wat ass an e puer Joer, a wat sinn d'Engagementer, déi geholl gi sinn, wat sinn d'Moyenen, déi zur Verfügung sti fir deenen Engagementer do ze begéinen, also och d'Festleë vu Prioritéiten an den Investitiionsprogrammer. Laanscht déi Aarbecht komme mer einfach als Parlament, a sécherlech och d'Regierung, net verbäi.

Dëse Projet beschäftegt sech bal ausschliesslech mat Terrainspräisser. Et geet also drëm, dat soll een och kloer soen, dass emol solle Sue fléissen an déi Entwécklungsgesellschaft, fir dass si hirsäits ka Suen engagéieren an d'Viabiliséierung vun deenen Terrainen. Do kënt selbstverständlech der öffentlecher Hand eng Pionéierroll zou. Si muss als éischt dofir suergen, dass um Terrain wierklech d'Aarbechte kënnen ugoen, an dass déi Notzung, déi geplangt ass, och duerch déi Preparatiounsaarbechten iwwerhaapt emol méiglech gemaach gëtt. Dat mengen ech ass u sech richteg.

E bësse méi am Detail muss een natierlech kucken, wat fir eng Präisser an der Diskussioun sinn. Do gëtt geschwat vu Prix préférentiels, vun normale Präisser. Dat sinn déi Zuelen, déi am Fong scho bekannt sinn. 15.000 Frang waren et sengerzäit den Ar, a 75.000 Frang den Ar. Wat e bëssen nei dobäikënn an der Diskussioun - do war d'Parlament bis elo net esou associéiert, ech weess net awéiwäit déi betraffe Gemengen dat waren -, dat ass deen Deel, deen elo als Kaf praktesch vu bestehenden Installatiounen hei mat dran ass, wou ee sech kann eng Rëtsch vu Froe stellen.

Et fält op, dass mer also hei mat enger Gesamtveloppe ze dinn hu vun ëmmerhi 85 Milliounen Euro, dat sinn a gudden ale Frang ausgedréckt, 3,4 Milliarde Frang. Dat ass net näischt! Déi Enveloppe setzt sech, wann ech dat esou kucken, praktesch zu 95% aus Entwécklungskäschten zesummen, an nëmmen zu 5% aus renge Terrainspräisser. Dofir eng éischt Fro, déi ech wollt un d'Regierung stellen: Ass dat en normaalt Verhältnis? Ass dat e Verhältnis, wat een och op anere Plazen erëmfënnt?

Zweet Fro, déi ech muss stellen: Wéi gesäit et elo aus mat der Finanzéierung vun där Operatioun, a wat huet de Finanzéierungsmodus fir Répercussiounen op de Werdegang an op de Lancement vun

deenen öffentleche Projeten, déi geplangt sinn op deem doten Terrain? Hei gëtt geschwat vu 85 Milliounen Euro, déi sech sollen iwwert d'Exercicer 2003 bis 2007 erstrecken.

Fir déi éischt zwee Joer sinn insgesamt 20 Milliounen Euro am Statsbudget verankert. An deem votéierte vun dësem Joer fënnf Milliounen, 15 Milliounen am Budgets-projet vum nächste Joer. Wann een dat berücksichtegt, da bleiwen also nach vun deene 85 Milliounen 65 Milliounen ze finanzéieren, déi da musse logescherweis, wann een deen Zäitraum do akzeptéiert, op dräi Exercicer opgedeelt ginn. Dat heescht, mir leien an deene Joren no 2004 op engem Engagement vum Stat vun 20 bis 25 Milliounen Euro pro Joer, déi müssen an de Budget ageschriwwen ginn, wa sech déi Käschteberechnung bestätegt, a wann ee wëllt an deem Rhythmus wéi virgesi mat deene Projeten ukommen. Dat heescht awer och, wann eréischt fir 2007 eng Rei vu Sue virgesi sinn, dass eenzel Projeten, déi elo schonn ugekënnegt sinn, eréischt kënnen ab 2007, 2008 iwwerhaapt ugoen, well ech denke jo, dass een eréischt kann ufänke mat bauen op engem Terrain, wann ee Propriétaire vun deem Terrain ass.

Dat bedeit a mengen Aen, dass also do net kënnen sämtlech Projete gläichzäiteg ugaange ginn, mä dass eng grouss Span ass bei deenen öffentleche Projeten, déi elo alleguerter bekannt sinn, an déi scho praktesch mat deem heite Modus musse gestreckt ginn. A wann d'budgetär Situatioun nach méi enk gëtt, da muss nach eng Kéier eng Streckoperatioun duerchgefouert ginn, soss kann déi Rechnung net opgoen, et musse jo och nach Suen do si fir den Investissement selwer herno ze finanzéieren, an de Statsbudget muss och prett sinn, fir gläich drop d'Fonctionnementskäschte vun deenen eenzelne Projeten ze iwwerhuelen. Do ass also nach eng Rei vu Reflexiounsaarbecht an nächster Zäit ze maachen, wéi dat Ganz zäitméisseg an och vun der Finanzéierung hier an deenen nächste Jore soll verlafen.

E lescht Wuert nach zu deene Präisser verbonne mat enger éischer Fro.

Wat d'Gebaillechteken ugeet, do ass am Ufank Rieds gaange vu ronn 16 Milliounen Euro, déi d'Gebaillechteke géife kaschten, déi de Stat elo mat ofkeeft. Do ass dann awer de Réviseur d'entreprises op eemol op engem Chiffer vun ofgeronn 5 Milliounen Euro gelant. Ech konnt net richteg novollzéien an der Dokumentatioun, wéi dee Schratt vun iwwer 15 op 5 Milliounen, méiglech ass.

Déi méi wéi 15 Milliounen schénge jo och aus engem Rapport vun engem Réviseur d'entreprises komm ze sinn. Wéi ass et also komm, dass een op eemol vun iwwer 15 Milliounen op 5 Milliounen gelant ass bei deem Akaf vun deenen Installatiounen, déi elo schonn do stinn, wat natierlech al Installatioun sinn, déi am Zusammenhang stunge mat den ARBED-Aktivitéiten op deem doten Terrain?

Wat nach opfällt, dat ass, dass beim Tableau vum Käschtepunkt vun dem Terrain, mir op eemol sprange vun engem Ar-Präis op e Meter-carrés-Präis, wat eigentlech onüblech ass, et sief, et wëllt een eng Situatioun e bësse méi positiv duerstellen.

Beim eigentleche Grondpräis vum Terrain, dem sou genannten Terrain préférentiel, do leie mer da bei 372 Euro den Ar. Da kommen d'Entwécklungskäschten derbäi a mer leien da bei 270 Euro. Et hätt ee gemengt den Ar, mä et ass de Meter carré. Et muss een also, fir op déiselwecht Unitéit ze komme mat 100 multiplizéieren, an da lant ee bei deenen Entwécklungskäschte pro Ar op engem Präis vun ëmmerhin 27.000 Euro. Do och meng Fro un d'Regierung: Wéi ver-

hält et sech mat deem dote Präis? Ass dat en übleche Präis? Wéi ass et zum Beispill um Kierchbiereg, well et kann een duerchaus de Kierchbiereg domadder vergläichen? Wéi ass et op anere Plazen? Wat sinn do grosso modo d'Präisser, déi op anere Plaze fir esou Entwécklungskäschten eigentlech ugefouert ginn.

Et bleift da schliesslech eng Kritik, déi mir och sengerzäit geäussert haten, déi eigentlech gericht ass op dee sou genannte Prix préférentiel vu 15.000 Frang den Ar. Well mer der Meenung sinn, dass do eng Rëtsch vun Terrainen dra sinn, déi eigentlech e Minuspräis missten hunn, well se einfach belaauscht sinn duerch déi industriell Aktivitéit, déi virdrun do stattfonnt huet. An deem Accord, dee sengerzäit dës Regierung ofgeschloss huet mat der ARBED, handelt et sech ëm eng deelweis Ausserkraaftsetzungshandlung vum Verursacherprinzip, dee mer am Ëmweltberäich kennen, an dee selbstverständlech och am Industrieberäich muss seng Uwendung fanen.

Well e Modus an deem Accord drasteet, wou eigentlech de Propriétaire, de Pollueur hei, dat war am Fong geholl nëmmen d'ARBED, déi Propriétaire war vun deem Terrain, déi nëmmen Aktivitéiten op deem Terrain gemaach huet, an engem gewëssene Mooss, konventionell zumindest, net méi gehalen ass, fir den Assainissement vun eenzelnen Terrainen ze maachen, wann den Assainissement ze deier gëtt. Wat e bëssen eng droleg Formule ass, déi sengerzäit d'Regierung mat der ARBED do ausgehandelt huet, well dat eigentlech net conforme ass zu de gesetzleche Regeln, wéi mir se hei kennen. Grad wann et deier ass, da misst eigentlech deen, dee verknascht huet, dofir suergen, dass et erëm an d'Rei gemaach gëtt, well dass et deier gëtt, dat hänkt jo meeschtens och mam Verschmutzungsgrad zesumme vun deenen Terrainen.

Allgemeng ass jo hei eng aner Optik geholl gi wéi se nach an den nonzeger Joren üblech war. Et ass e bëssen, soen ech emol, an der Sanéierungsmethodik e Réckgang op d'70er an ufanks d'80er Joren, well jo awer relativ offensichtlech ass, dass déi sëllege Grëngzonen, déi hei agezeechent sinn, sech deelweis zumindest awer iwwerschneide mat Deeler vun Terrainen, déi ganz staark belaauscht sinn, a wou also, geif ech soen, aus der Nout eng Tugend gemaach gëtt, wou dann u sech polluéierten Terrain op eng Plaz gefouert gëtt. Dat gëtt dann als Grëngzon klaséiert, an da gëtt dat beplant an eventuell och nach an engem gewëssene Mooss ofgeséichert - ech weess net, wéi wäit dass dat geet, well ech deen doten Dossier net am Detail kennen -, an dann ass dat dann esou an der Rei.

Et bleift, dass deen Dossier och mat deem Präis, dee vereinbart ass, awer seng Schwaachstelle behält. Déi ginn net besser am Laf vun der Zäit. Dofir wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun nach eng Kéier déi Reserv widderhuelen, déi mer sengerzäit formuléiert haten. Ech hat eng schonn am Virfeld gesot. Dat ass déi vun den Interessekonflikter, déi kënnen bestoen tëschent den eenzelne Partner, déi eng ganz Rei vu Schwierigkeete mat sech zéien an der praktescher Duerchféierung vun deem Ganzen.

Zweete Punkt ass déi Fro vum Präis mat der Fro vun der Sanéierung, déi weiderhin hei geléist ginn ass, geif ech soen, op eng onorthodox al Aart a Weis, wat net onbedingt muss positiv sinn.

En drëtten Punkt, deen een nach eng Kéier muss soen, dat ass awer

och déi Multiplikatioun vun de Strukturen, déi hei schaffen. Ech froe mech ëmmer, ob et net einfacher gewiescht wär sengerzäit, wéi mir déi éischt Kritik geäussert hunn. Do war nach net alles bekannt, wat duerno nach komm ass. Do hu mer gesot, op där enger Säit ass e Verwaltungsrot vun der AGORA. Dann hu mer e Comité d'orientation, deen déi sämtlech Sitë begräift. Dann huet ee pro Site e Comité de concertation, deen erëm eng Kéier selwer Aarbechtsgruppen huet. Entre-temps hu mer dann den Établissement public Fonds Belval mat engem eegene Verwaltungsrot. D'AGORA selwer huet natierlech e Comité de gérance. Beim Comité de gérance besteet natierlech niewendrun en Direkter. Dann huet d'AGORA och nach Entwécklungsgesellschaft chargeiert, déi niewendrun erëm eng Kéier Aarbechte fir si maachen.

Ech froe mech ëmmer, wéi déi Leit eens gi mat deene Strukturen, a wéi ee sech eigentlech nach daran erëmfënnt. Dofir mengen ech, dass et vläicht och net schlecht wär, wann een eng Kéier en Tëschebilan vun deem ganze Site geif maachen, dass een do probéiert vläicht méi licht Strukturen an dat Ganzt eranzebréngen an déi gewësse Konfusioun, déi kann um Terrain entstoën, déi sécherlech och net dozou bäidréit, dass deen Dossier méi schnell virugeet, dass een déi kann ewechhuelen.

Wéi gesot, mer bleiwen der Meenung, dass dat heiten u sech e wichtige Projet ass bei alle Reserven, déi mer weiderhin zu deem dote Projet hunn. Mir wëllen en net blockéieren. Mir wëllen, dass e virugeet, mä et soll ee mat engem gesonde Mësstrauen a mat enger grousser Kritikfäegkeet un dat doten erugoen, an dofir suergen, dass de Stat an dass d'Gemengen net iwwer den Dësch gezu ginn an der praktescher Ëmsetzung. Dat muss eis gemeinsam Suerg sinn iwwer all Parteigrenzen eraus. Ennert deem Virbehalt wäert eis Fraktioun deen heite Projet awer stëmmen. Merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Revaloriséierung vun de Friches industrielles ass ouni Zweifel e ganz passionant Thema, well schliesslech geet et jo hei ëm deen dicht besiedeltsten Deel vun eisem Land, an d'Demokratesch Partei huet sech och fréizäiteg an deen Denkprozess agereit.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et ganz kloer, dass d'Industriebroochen eng ganz Rei vun neien Impulser fir d'Minettregioun auslöise kënnen. Et ass och evident, dass eng nei Gewichtung tëschent dem Zentrum virun allem an dem Süde muss entstoën, wat d'wirtschaftlech Entwécklung hei zu Lëtzebuerg ubelaangt, well et stellt ee jo awer dach fest, dass virun allem d'Stad Lëtzebuerg un eng gewësse Belaaschtungsgrenz komm ass. Net méi spéit wéi geschéit ass dat an där Diskussioun erëm hei zum Virschäi komm, an dofir ass et och wichtig, dass nei wirtschaftlech Aktivitéiten net nëmme versicht ginn an der Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg unzesidele, mä och verstreut iwwert d'Land, wéi gesot besonnesch awer och am Süden.

Dat wëllt elo net heeschen, dass ee soll egal wéi eng wirtschaftlech Aktivitéiten hei op Lëtzebuerg zéien, neen, ech mengen, et soll een do schonn de Courage hunn och méi selektiv virzegoen, an dat virun allem awer am Geescht vun der Nohaltigkeet. Wa mer vu wirtschaftlechen Aktivitéite schwätzen, dann dierf een natierlech och net d'Déngschtleistungsbetrieb vergiessen, an dowéinst muss een och hei ënnersträichen, dass et jo

awer eng Rei Potenzialer gëtt um Niveau vun de Friches industrielles. Mir begrëissen dofir als DP, dass do eng Rei staatlech Verwaltungen sollen ugesidelt ginn, besonnesch virun allem déi national Archiven.

Den Akzent dierf allerdéngs natierlech net nëmmen hei op d'wirtschaftlech Aktivitéite geluecht ginn, well et dierf een net vergiessen, dass dernéist et awer och nach aner Domänen gëtt. Ech denken un de Wunnengsbau, un d'Kultur, den Tourismus. Déi müssen hei matberücksichtegt ginn.

An der Stärkten-Schwächenanalys fir d'Regioun Süden, déi vum Okobüro gemaach ginn ass, do konnt een zum Beispill noliesen, dass an deenen nächsten 20 Joer nach zousätzlech 12.000 bis 15.000 Leit an de Süde wäerte wunne kommen an dass dofir och ronn 220 bis 260 Hektar Bauland zousätzlech gebraucht ginn. Wann ee bedenkt, dass jo elo schonn am Süde ronn 150.000 Leit wunnen, dovun alleng 125.000 am Kanton Esch, dat mécht 625,4 Awwoner op de km² aus, dat ass véiermol méi héich wéi d'duerchschnëttlech Densitéit vun eisem Land. Grad dowéinst ass et awer och wichtig, dass een den Équilibre nach fënnt zu deenen natierlechen Elementer.

Mir begrëissen et dofir, dass jo och virgesinn ass, dass d'ARBED zum Beispill eng ronn 480 Hektar Bësch a Grëngzonen dem Stat soll iwwerginn.

Haut schreiwe mer, ouni Zweifel, erëm eng ganz wichtig Etapp an dem ambitiësen Dossier Revitaliséierung vun den industrielle Frichë Belval-West an et mierkt ee gutt, datt dës gigantesch Entreprise jo elo u sech ëmmer méi konkret Formen unhëlt. Dat mannst wat ee jiddefalls ka soen ass, datt et dëser Regierung och eescht gemengt ass mat dësem Dossier, datt se mat grousser Energie derhantert stécht fir, wéi gesot, dee Projet esou schnell wéi méiglech och ëmzesetzen.

Mir hu jo op dëser Plaz an de leschte Joren och do schonn eng Rei vu wichtige Décisiounen geholl, ouni se elo erëm hei allegueren opzelëschen. Erlaabt mer vläicht fir op e puer wichtige Gesetzer hinweisen, ënner anerem dat vum 1. August 2001, wou de Stat jo autoriséiert gouf an der Sociétéit AGORA ze participéieren. Dann d'Gesetz vum 25. Juli 2002 iwwert d'Schafe vun engem Établissement public Fonds Belval. An dann hu mer jo net méi spéit wéi de leschte 15. Oktober hei de Projet de loi 5101 evakuéiert wat d'Astandsetzung vun den Héichwännen ubelaangt.

De Fonds Belval huet sech jo ouni Zweifel immens vill virgeholl fir déi nächst Joren. Ongeféier 25 Projete wäerten ëmgesat ginn op enger Surface brutte vu 426.000 m², dorënner ënner anerem esou wichtig Realisatiounen wéi déi sechs Centres de recherche, een Internat, e Lycée, e Sportszentrum, de Statsarchiv, d'Rockhal, en Deel vun der Universitéit an och nach eng Pépinière vun Entreprises. Dee ganze Pak vun Investissementer wäert ouni Zweifel där Regioun do eng nei Ausrichtung ginn an hei gëtt u sech och gutt virdemonstrieréiert, wéi an deem Raum do wirtschaftlech-sozial awer och ekologesch Aktivitéite gutt kënnen mateneen harmonéieren, an dat soll jo u sech och d'Haaptobjektiv vun der Revaloriséierung vun de Friches industrielles sinn.

**(M. Nico Loes prend la Présidence)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësem Gesetz fält jo ëmsou méi nach eng gréisser Bedeutung zou, well et dem Stat jo elo méiglech gëtt iwwert de Fonds Belval eben d'Acquisitioun vun Terrainen an Immeublen ze maachen, fir ebe kënnen och seng ambitiëse Projeten dann an der Praxis ze realiséieren. Den Haaptdeel, wéi gesot,

entfällt natierlech op d'Universitéit mam Centre de recherche an de Verwaltungsgebaier, déi maache ronn 1,08 Hektar vun deene ganze 27,34 Hektar aus. De Projet Universitéit, nëmmen niewebäi gesot, ass jo entre-temps och op enger gudder Schinn. Mir hunn am Summer deen entspreichende Projet de loi gestëmmt a kierzlech ass jo och elo eng Direktioun do genannt ginn.

Op där anerer Säit sinn et 3,5 Hektar, déi fir de Centre national de la culture industrielle entfalen. Op dese Projet brauch een u sech net méi weider zrëckzekommen, well mer dat jo viru knapps engem Mount hei gemeet hunn. Ech wëll awer nach eng Kéier kuerz drop hiweisen, datt jo awer den Zoustand vun deenen zwee Héichiewen de Moment dach ze wënschen iwwreg léisst an datt d'Restauratioun dervu wäert immens vill Geld kaschten an ech maachen e kuerze Renvoi och op d'Situatioun, wéi se zu Völklingen de Moment besteet. Och do sinn d'Héichiewe mat ganz héijen Investissementer restauréiert ginn, allerdéngs net mat deem erwaarten Erfolleg, esou datt se elo de Moment vun engem sou genannte « kontrollierte Verfall » schwätzen.

Här President, wat elo natierlech de finanzielle Volet ubelaangt, a mäi Virriedner ass natierlech och zu Recht dorobber agaangen, et kann een deen natierlech och net hei ausser Uecht loossen, well mat de 85 Milliounen Euro gëtt natierlech eng grouss Enveloppe erëm hei zur Verfügung gestallt. Dovunner entfale wéi gesot méi wéi 95% eleng op d'Entwécklungskäschten. D'Paiementer ginn zwar elo échelonnéiert iwwert eng Period vun 2003 bis 2007. Et ass also ze hoffen, datt sech déi finanziell Situatioun vun dësem Land, an ech soen dat nach eng Kéier hei, déi mat Sécherheet de Moment net esou dramatesch ass, wéi Eenzelner dat nawell gäre wëllen duerstellen, déi allerdéngs natierlech net méi dat duerstellt wat se an deene leschte Joren hierginn huet, datt déi sech allerdéngs an deenen nächste Jore wäert verbessern, fir datt mer och kënnen dës ambitiéis Projeten duerchzéien.

Tatsaach ass jiddefalls, datt jo awer hei de Stat am Endeffekt iwwer en Drëttel vun där ganzer Surface gebraucht fir ebe seng Projeten do ëmzesetzen. Jiddefalls, mir begréissen et als Demokratesch Partei och, datt déi AGORA soll jo no véier Joer en Décompte virleeën, wou een da kann ebe méi am Detail och d'Entwécklung vun deenen eenzelne Käschten novollzéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi strukturell Defizitter, déi et jo awer nach ëmmer deelweis am Süden an och an anere Beräicher vum Land ginn, kënnen natierlech elo duerch d'Revaloriséierung vun den industrielle Siten hei opgefaang ginn, andeems datt elo wéi gesot nei wirtschaftlech Aktivitéiten och do ugesidelt ginn. Am Raum Esch/Belval, kann een also ouni Zweifel behaapten, sinn an deene leschte Joren déi richteg Jalonéi gesat ginn, an d'Tatsaach, datt jo och elo scho Privatinvestisseuren sech d'accord erkläert hu fir eben hei och ze investéieren, ass dat beschten Zeechen, datt se och neit Vertrauen an de Minett mat sech bréngen. Jiddefalls, d'Friché bidden en ideale Kader fir eng modern Industrialiséierungspolitik duerchzezéien, a well jo d'Industrie awer nach zousätzlech Terrainé brauch fir ze expandéieren, ass et och ze begréissen, datt d'Regierung jo op de Wee geet fir dann och, wéi gesot, den Éilerenger Crassier hierzustellen, fir do eben eng nei national Industriezon deementspreechend dann och ze schafen.

Wa mer natierlech vun der Erschléissung vun de Friché schwätzen, muss een natierlech och e Wuert iwwert d'Transportinfrastrukturen hei verléieren. Well en-

gersäits ass et jo awer wichteg, datt déi Betriber, déi elo do ugesidelt ginn, awer och déi beschtmeiglech Accèsméiglechkeete geschafe kréien. Op där anerer Säit ass et allerdéngs och esou, datt déi vill Leit - et gëtt jo vun 20.000 alt geschwat -, déi spéider dohinner schaffe kommen, och gutt Zuch- a Busverbindunge kréien. Dowéinst ass et jo och ze begréissen, datt eng Ubannung vun de Friché virgesinn ass un d'Schinnennetz an datt jo och eng nei Gare op Belval gebaut gëtt, an net méi spéit wéi geschter hu mer matgedeelt kritt, datt de Buergermeeschter vu Suessem jo schonn de Privileg hat, eng Maquette dovunner ze gesinn.

Da wëll ech och nach hei drop hiweisen, wat nach net ëmmer esou hei ënnerstrach ginn ass, mä datt jo awer och de Wirtschaftsminister Henri Grethen e ganz ambitiéis Projet lancéiert huet, dat ass eng Kreatioun vun enger Pépinière d'entreprises, wou jo u sech bis d'Joer 2012 wäerten eng ronn 30 Entreprises an deem Raum do implantéiert ginn.

Ofschléissend soll jiddefalls festgehal ginn, datt d'Revitaliséierung vun den Industriebroochen eng eenzegaarteg Chance fir de Süde vum Land bedeit, an dës Chance muss ouni Zweifel genotzt ginn. Dat ass net nëmmen am Intérêt vun där Regioun, mä et kann ee roueg behaapten, datt dat och am Intérêt vum ganze Land ass. Et ass also evident, datt d'Demokratesch Partei hei hannert dësem wichtege Projet steet.

Ech wëll net ofschléissen ouni nach dem Kolleeg Norbert Hauptert awer och merci ze soe fir säi schréftlechen a mündleche Rapport.

Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Graas. Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, ech verroden lech sécherlech kee Geheimnis, wann ech lech elo matdeelen, dass den ADR och dese Projet net wäert stëmmen. Ech hätt och perséinlech léiwer gehat wann an dësem Projet eng Trennung gewiescht wär, wou hätt kënnen dee ganzen Impakt Industriemuseum separat vun deenen anere Projeten, déi do solle stattfannen, hei zum Virschäi komm wär. Dann hätt een nämlech méi Klorheet an deem Dossier hei gehat an da wäeren och verschidde Konfusiounen net opkomm.

Ier ech awer op deen eigentleche Sujet vum Projet aginn, wëll ech awer hei mol nach Verschiedenes klorstellen. Ech bedauern déi Demagogie, déi hei opkomm ass, besonnesch vun der CSV, wéi den ADR sech géint den onsennege Projet vun deenen Héichiewen ausgeschwat huet.

Den ADR war nach ni a wäert och ni géint d'Stolbelegschaft sinn. Hei an dësem Parlament an och doriwwer eraus huet den ADR sech ëmmer fir d'Interesse vun der Stolbelegschaft agesat, an dat ass bewisen, sief dat wann et ëm d'Prétraite gaangen ass, ëm d'Zousazpensiounen bei de Beamten oder ëm déi Leit, déi vun Arcelor net erëmgeholl gi sinn, wa se aus der Invalidérent erëm gesond geschriww gii sinn.

Also, ze behaapten den ADR wier géint d'Stolbelegschaft sinn. Hei an dësem Parlament an och doriwwer eraus huet den ADR sech ëmmer fir d'Interesse vun der Stolbelegschaft agesat, an dat ass bewisen, sief dat wann et ëm d'Prétraite gaangen ass, ëm d'Zousazpensiounen bei de Beamten oder ëm déi Leit, déi vun Arcelor net erëmgeholl gi sinn, wa se aus der Invalidérent erëm gesond geschriww gii sinn.

Wann Der lech wierklech emol géift d'Méi gi fir bei der Stolbelegschaft nozefroen, ob se d'accord ass, dass iwwer 100 Milliounen Euro vu Steiergelder investéiert musse ginn, fir datt schrotträif lewe këne stoe bleiwen, da géift Der gewuer ginn, dass och do bei der Stolbelegschaft garantéiert keng Prioritéit besteet. Déi meeschte Stolaar-

bechter, déi do fortginn, si frou wa se aus deem Murks an deem Stress an aus där Ausbeutung do erauskommen a wëllen net méi onbedéngt all Dag dorunner erënnert ginn.

Här President, e weidert Thema, wat ech nach hei wëll uschneiden, ass dat wat d'Madame Kulturministesche a Bauteministesche beim Débat iwwert d'Héichiewen hei vu sech ginn huet. D'Tréine si mer wierklech bal komm, wéi d'Madame Ministesch hei ugefaangen huet hiert Loblied iwwert déi gutt a sozial Stolzären ze sangen. Ech wëll dem Stolkonzern säi Mérite ëm de Wuelfstand vun eisem Land op kee Fall a Fro stellen. Wann awer e Regierungsmember hei optrëtt a sech esou äussert, wéi wa mer ouni de Stolkonzern hei am Land keng sozial Arichtungen oder sozial Ofsécherungen hätten, da leeft d'Faass awer iwwer.

Wann e Regierungsmember schonn hei vu Mérité schwätzt, da misst en emol fir d'éischt vun de Mérité vun Personal schwätzen, wat e Jorhonnert laang derzou bäigedroen huet, dass d'Schmelze gedämpft hunn. Wa vu sozialen Erungenschaften geschwat gëtt, da missten emol d'Mérité vun de Gewerkschaften ervirgehuewe ginn, déi fir all kleng sozial Errungenschaft laang hu misse kämpfen an déi vun deene gudden Stolzären ni eppes geschenkt kritt hunn.

Wann hei vun de Mérité vun engem Stolkonzern geschwat gëtt, da muss do dobäi och erwähnt ginn, dass dee Stolkonzern, mat deenen iwwer 100 Milliarden aler Frang, déi en an deene leschten 30 Joer u Steiergelder zougeschoustert krut - déi e meescht am Ausland investéiert huet -, sécherlech seng sozial Engagementer, déi en hei am Land hat, all méi wéi kompenséiert kritt huet.

**(Interruption)**

Ech setze mech net nëmmen den 1. Mee fir déi Leit an, déi ech mäi Liewe laang vertraueden hunn. D'Gewerkschafte maachen dat all Dag um Terrain.

**Une voix.**- Dir halt awer eng Ried wéi wann et den 1. Mee wär!

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Dat spillt keng Roll.

**M. le Président.**- Loosst den Här Jaerling elo schwätzen.

**(Interruptions)**

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech kann dat och roueg maachen, well Dir den 1. Mee jo ëmmer op der Juegd sidd an do keng Zäit hutt fir nozelauschten.

**(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)**

**Une voix.**- Kennt Der näischt dovun?

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Net ze vergiessen d'Prétraite, wou d'Suen aus de Rentekesse détournéiert gi fir der Arcelor hire Personalofbau ze finanzéieren. An och net ze vergiessen d'CDR, d'Cellule de reclassement, déi deelweis aus Steiergelder finanzéiert gëtt.

Wa mer also hei vu Mérité schwätzen, da solle mer net vergiessen déi Kompensatiounen ze erwähnen, déi eis Steierzueler fir dës Mériten hu misse blechen.

Här President, wat ech awer hei net kann am Raum stoe loossen, dat ass déi Aart a Weis vun Transparenz, déi am Dossier Héichiewen herrscht. Zweemol hu mer als ADR kloer d'Fro gestallt, wat den Héichuewe kascht, dee mer net geschenkt kréien. D'Madame Baute-ministesche huet och bei der Diskussioun heidriwwer keng kloer Äntwert ginn. Do hu mer geduecht,

well se de Präis vläicht net esou direkt am Kapp huet, sollt een der Regierung e bësse méi Zäit loosse fir dat nozesichen. Mir hunn dofir eng parlamentaresch Fro un den Här Budgetsminister gericht, deen et jo awer eigentlech wësse misst. Eis Fro war och einfach a kloer formuliert. Wat ass de Kafpräis vun deem Héichuewen, dee mir net geschenkt kréien? D'Äntwert vum Här Budgetsminister, ech zitieren: „Am Rapport d'évaluation, dee vun engem Réviseur d'entreprises erstallt gouf, bei Geleëenheet vun der Kapitalerhéijung vun der Entwécklungsgesellschaft AGORA, steet den Héichuewe B mat enger Valeur pour mémoire.“

Wann den Här Weiler elo esou eng Äntwert ginn hätt, dat hätt mech net gewonnert. Mä vum Här Budgetsminister hätt ech mer awer méi Sérenitéit a senger Äntwert erwäert.

Ech weess och, dass de Präis vun deenen Héichiewen an deem Pak vun 380 Milliounen mat dran ass, deen haut soll hei gestëmmt ginn. Mä wann ech awer gäre wësst wat en Objet aus deem Pak am Detail kascht, dann hätt ech och gären eng kloer Äntwert.

Wéiso ass all kleng Acquisitioun am Projet detailléiert opgefouert, just de Käschtepunkt vum Héichuewe steet do pour mémoire?

**(Interruption)**

Wann ech gelift?

**Une voix.**- Dat heescht, dass et net facturéiert ass.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Dat heescht Dir maacht hei Projete wou Der Sue bezuelt, déi net facturéiert ginn.

**Une voix.**- Ma neen!

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ma dach!

**Une voix.**- Dat heescht, dass an der Transaktioun déi zwee Héichiewe fir de pour mémoire, dat heescht fir null Frang, iwwerginn.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Oh neen, also zielt mer elo hei keng Geschichten, soss zitieren ech lech awer de Rapport vum Verwaltungsrat vun der ARBED.

**Une voix.**- Här President, ech wollt mech entschëllegen, dass ech probéiert hunn dem Här Jaerling eng Äntwert ze ginn. Et wäert net méi virkommen.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Neen. Dir hutt elo probéiert, Dir hutt och Äert Bescht gemeet, mä ech hunn nach ëmmer näischt verstan.

**(Hilarité)**

Déi Äntwerten, déi mer am Zesummenhang mam Héichuewe vun der Regierung kritt hunn, emfannen ech einfach als Frechheet, an och déi doten, well et ass nach ëmmer keng kloer Äntwert an och eng Frechheet vis-à-vis vum Parlament.

**Une voix.**- Dat ass awer mol gutt gesot!

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Et ass mol gutt gesot.

**M. le Président.**- Här Jaerling, fuert elo viru mat Ärem Discours.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech kommen och nach op dat zrëck wat Dir sot. Dir hutt jo gesot en hätt näischt kascht. Ech kommen herno nach dorobber zrëck.

Well doduerch, dass ech an deene fënnef Joer, wou ech am zweete Schouljoer war, awer och e bësse Mathematik matkritt hunn, konnt ech mer dann e bësse selwer iwwert de Käschtepunkt vun deem Héichuewe Gedanke maachen. A wann ech richteg gerechent hunn, Här Minister, dann ass de Rapport vun der AGORA 27,8 Milliounen, de Präis, dee mer awer bezuelen ass 38 Milliounen, et feelen also 11 Milliounen.

Da kann ech also meng Fro elo anescht formuléieren: Ass vläicht de Präis vun deem Héichuewen, déi 11 Milliounen, déi elo hei an där ganzer Berechnung do feelen? Dir kennt mer jo da vläicht herno eng kloer Äntwert dorobber ginn.

**(Interruption)**

Ech schwätzen an Euro.

**Une voix.**- Wou kommt Der dann op déi 38 Milliounen Euro?

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech hunn hei d'Rechnung gemeet. Ech weisen lech et herno.

**(Interruption)**

Jo, ma dach. Pass op, du muss wëssen, dass déi Terrainé mat Schwéiermetall verseucht sinn, déi si fuerchtbar deier.

**(Interruption)**

Hei enne si se jo dofir méi deier wéi am Norden.

Wat also dese Projet vun den Terrainen an de Gebailechkeeten an den Héichuewen ubelaangt, sou wëll ech och nach emol drun erënnere, datt dat keng Prioritéit vum ADR ass. Mir sinn awer net géint d'Kultur an och net géint en Industriemuseum. An dass mer dat net sinn, dat hu mer vun der Madame Kulturministesche de 17. am Wäimount d'lescht Joer bestätegt kritt, wéi d'Madame Ministesch schreift: « Dem Här Jaerling seng Suerg ass eiser Nowelt d'Geschicht vun eiser Grouwen- a Stolindustrie ze erhalen. »

Dat ass wouer, awer net zu egal wat fir engem Präis!

Mir hunn als ADR eis eegen a vill méi bëlleg Propos vum Erhale vun der Industriegeschicht gemaach, an zwar a Form vun enger miniatüriséierter - Merci, Här Fayot! - funktioneller Maquette, déi déi ganz Stolzherstellung vun der Minière u bis zum fäerdege Stolträger kennt nospillen. Där Maquetté ginn et am Ausland och schonn. An dofir hätt sech eng vun deenen eideelen Industriebale gutt géegent, an déi jo schonn esou villes hätt sollen dra kommen, an ni eppes dra kennt, well se geschwënn zesummenfält.

Et ass also net esou, datt den ADR einfach stur géint eppes ass, mä mir proposéieren och Alternativen, déi de Steierzueler net emol en Zéngtel vun deem géife kaschten, wat elo fir dee Schrott soll ausgi ginn.

Här President, wa mer alles zesummenzielen, da kascht dat ganz Abenteuer mat deem Ronderëm vun deem Museum eis ëm déi 100 Milliounen Euro. Dat ass awer nëmmen d'Estimatioun beim heitege Bauindex, wou mer jo wëssen, datt bei enger Realisationszäit, och nach vu véier bis fënnef Joer, nach méiglecherweis 30% Zousaz kann erfalen, an da si mer schlussendlech scho bei 130 Milliounen Euro ugelaangt, ouni dass mer emol wësse wat an Zukunft dann déi Verwaltungskäschten, an de Rescht deen dobäi ass, och nach wäert kaschten. An dat an engem Zäitpunkt, wou mer hei am Land eis musse Gedanke maachen, wéi mer dee Krankendefizit vun 83 Milliounen Euro kënnen riichtbéien, deen zum Deel och doduerch entstanen ass, dass 20% budgetär Chargé bei de Gebailechkeete vun de Spideeler op d'Union des Caisses de Maladie vun der Regierung ofgeluecht ginn.

Dat heescht, dës Regierung be- laascht d'Gesondheetswiese mat Chargen, déi jo eigentlech net sinn, genéiert sech awer net op der anerer Säit engem Multi säi Reschtmüll mat iwwer 100 Milliounen Euro ze erhalen. Esou gesinn d'Prioritéite vun dëser Regierung aus. De Multi ARBED kritt säi Reschtmüll, deen en eigentlech hätt missen op seng Käschte recycléieren, mat Steiergelder erhalen, a kritt souguer nach en Denkmal do derbäi

gesat. Dem Multi ARBED säi Reschtmüll, deem déi Terrainë ver-seucht huet, op deene mer elo mol solle kräfteg bauen, gëtt einfach herno op e Koup geschott a ver-sigelt, ouni dass bewisen ass, dass déi Aart vun Entsuerung och emol iwwerhaupt fiabel ass.

Do kann ee sech d'Fro stellen, um Beispill vun enger Tankstell: Kritt eng Tankstell, déi ophält, dann och eng Zapsail op Käsche vum Steierzueler als Denkmal dohinner gesat, fir datt mer eiser Nowelt och kënne bewisen, datt mer hei am Land och Benzin gezaapt hunn? Kritt déi Entreprise dann och déi Virdeeler, déi den ARBED-Multi bei der Entsuerung kritt? Au contraire, déi Entreprise kann hire ver-seuchten Terrain net op e Koup schëdden a versigelen, mä muss e fir deiert Geld am Ausland entsuerge loossen. Wat och richtig ass, awer mat der Konsequenz, dass déi Entreprise nodréiglech dann nach duerch déi Käschen an de Konkurs ka gedriwwen ginn. Dat sinn deux polds, deux mesures.

Eng Fro, déi ech awer och nach hei wëllt stellen: Wéini ginn déi...

**M. le Président.**- Här Jaerling, wann ech gelift, den Här Haupt wëll lech eng Fro stellen. Sidd Der domat d'accord?

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Selbstverständlech.

**M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.**- Ma, Här Jaerling, ech wollt lech emol froen, ob Der an deem Projet, dee mer hei gestëmmt hunn iwwert d'AGORA, do stoung awer ganz kloer dran, dass d'ARBED, oder d'Arcelor, nëmme kann den Apport vun den Terrainen an d'AGORA eramaachen, wann déi Terrainen entsuergt sinn. Dat steet awer ganz kloer dran, an ech mengen den Här Bodry huet elo éinecht drop higewisen: Déi Terrainen, déi net kënnen entsuergt ginn, déi bleiwen aus där ganzer AGORA eraus.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech kommen elo dozou, Här Hauptert. Elo waart Der ze schnell. Dir kënnt Gedanke liesen.

Ma neen. D'Fro déi sech stellt, dat ass: Wéini ginn déi Terrainen da sanéiert? Am Gesetz steet nämlech, dass déi Terrainen mussen sanéiert ginn, awer et steet net a wat fir engem Zäitpunkt dran.

#### (Interruption)

Neen, am Gesetz iwwert d'Sanéierung vun den Terrainë vun den Industriebrooche steet keen Zäitraum dran. Et steet just dran, dass de Prinzip vum Pollueur-payeur zielt, mä et steet net dra wéini. Et steet kloer dran, dass se müssen entsuergt ginn, dat ass wouer, a wa se net entsuergt ginn, da kritt d'ARBED, d'AGORA déi Terrainen erëm. An da steet awer net erëm dran, wéini dass se se müssen entsuergen.

Dat heescht, se brauchen se also ni ze entsuergen.

#### (Interruption)

Jo, mä am Droit commun steet net dran, wéini dass se se müssen entsuergen. Den Här Minister weess dat och. Bon, gutt.

D'Fro stellt sech einfach: Wéini gi se entsuergt?

#### (Interruptions)

Virdrun? Da misst et jo elo schonn amgaange sinn.

**Une voix.**- Ma jo, dat ass jo och de Fall.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Si sinn elo schonn amgaang mat Terrassementsaarbechten, an dozou kommen ech och elo. A während deenen Terrassementsaarbechten, wou dann op Käsche vum Steierzueler do de Buedem ofgedroe gëtt an op e Koup geschott gëtt, kascht dat d'ARBED kee Frang.

#### (Interruption)

Ma sécher ass et wouer ! Da gitt dohinner kucken, Här Minister. Ech wunne 50 Meter dovunner ewech.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- 50 Meter ass net méiglech, well soss géift der op der Terrass setzen.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech hat e bëssen ënnerdriwwen. Et si 56 Meter. Op jidde Fall sinn ech der Meenung, dass do awer elo muss gekuckt ginn, dass déi Dispositionen, déi hei verlaangt ginn, och respektéiert ginn.

Dann ass natierlech och am Projet hei dran, dass nach eng Rei Aarbechte vun der Allgemengheet mussen finanziéiert ginn: Stroossen an Transportinfrastrukturen. Do froen ech mech: Wat ass do d'Part vum Stat? Wéi ass dat opgedeelt? Wat ass d'Part vun deenen zwou Gemengen, déi do betraff sinn? Och dat kënnt net kloer hei eraus.

Dann hunn ech nach eng Fro, well ech jo net an dem Dossier Kommodo esou dra sinn. Wann en Objet vun engem Propriétaire un deen anere verkaaft gëtt an duerno fanen dann nach Aktivitéiten iergendenger Aart statt oder dass Leit do schaffen oder Leit do zirkuléieren, muss dann net och do eng Kommodo-Autorisation gefrot ginn? Dat ass eng Fro, déi ech stellen, wou ech gar eng Äntwert hätt.

Bon, Här Minister, wann Der net wësst oder einfach herno sot, ech weess et net, ass dat ëmmer nach besser wéi wann Der mer eng Geschichte ziele kommt.

Op jidde Fall leien dem ADR seng Prioritéiten op engem ganz aneren Niveau. Ech soen dat nach eng Kéier ganz kloer an ech widderhuelen et esou oft wéi Der et wëllt héieren: Esou laang wéi et hei am Land nach sozial Ongerechtegkeete gëtt, wäert den ADR op jidde Fall keng Zoustëmmung fir esou finanziell Abenteuer ginn, an de Bewäis - an den Här Graas huet et och schonn hei gesot -, datt mer e finanziell Abenteuer aginn, gëtt eis aus dem Ausland erbruecht. Do sinn och de bonne guerre Industriemuseeën...

#### (Interruption)

Ma da lauschtert emol no, Här Graas!

#### (Interruptions diverses)

Ma da sot mir emol wat ech gesot hunn. Den Här Minister huet mech schonn esou duerchernee gemaach. Wann Dir och elo nach ufänkt, da kommen ech guer net méi hei virun.

Dir hutt hei vum Saarland geschwat, wou Der gesot hutt, dass Problemer do wiere fir déi Saachen. Voilà, hutt Der dat net gesot? Maja, an dofir wëlle mir net datselwecht Abenteuer hei am Land agoen. Et schielt sech jo säit längerem eraus, dass am Saarland Problemer sinn an dass se emol keng Leit méi kënnen op déi Installatiounen schécken, well se net méi sécher sinn a well se déi nach just kënne vu wäitem mat der Spektiv kucken, net dass hinnen nach eppes op de Kapp fält.

Dofir si mir net d'accord fir hei Blankoschecken auszustellen a mir sinn och net d'accord, dass hei Prunkbaute guttgeheescht ginn oder iergendengem Minister nach en Denkmal gesat gëtt. Eis Prioritéite leie wéi gesot am Beräich vun der sozialer Gerechtegkeet an do widderhuelen ech et nach eng Kéier, d'Mammerent fir all Mann ass fir eis eng Prioritéit. Rente-gerechtegkeet ass eng Prioritéit an dat och am Zesummenhank mat deenen 0,01% fir méi laang geschaffte Joren. D'Gesondheitswiesen ass eng Prioritéit, deemno och d'Riichtbéie vum Defizit bei de Krankekeesen, deen haaptsächlech duerch falsch politesch Entscheedungen zustane komm ass. D'mënschlech Interpretatioun vun de Kritären am Zesummenhank mat den Invaliden ass eng Prioritéit. Sozial- an Aarbechtsrecht

fir jiddereen ass fir eis Prioritéit. Ze verënnern, datt Suen aus de Pensiounskeesen zweckentfremt gi fir Beschäftigungsmesuren ze finanzéieren, ass fir eis eng Prioritéit.

Här President, 100 Milliounen, ouni vun de spéideren Ennerhalts- an Aktivitéitskäschen ze schwätzen, an en Objet ze investéiere wou mer wëssen, datt en iergendwann eng Kéier zesummefält, ass fir eis keng Prioritéit. Et ass richtig a wichtig, dass mer och en Deel vun eisem Budget virgesi fir an d'Kultur ze investéieren. Do hu mer als ADR och kee Problem domat. Ech géif mer awer erlabe jiddereen opzefuerderen emol driwwer nozedenken, ob dese Projet wierkelech eppes mat Kultur ze dinn huet. An och driwwer nozedenken, ob et wierkelech noutwendig ass iwwer 100 Milliounen Steiergelder ze investéieren, fir eiser Nowelt eis Industriegeschicht ze erhalen. Et handelt sech hei net ëm de Frust vum ADR oder perséinleche Frust vu mir géint de Stilmulti. Et geet eis hei drëm klarestellen, datt esou en onsënnege Projet net nëmme a finanziell schwachen Zäiten net drobar ass, mä zu kenger Zäit ze verantworten ass.

**M. le Président.**- Här Jaerling, ech wollt lech drop opmierksam maachen, datt Är Riedezäit of-gelaf ass.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Dat ass dem Här Graas seng Schold.

Déi, déi haut mengen, si kënnten dat dote verantworten, wäerten an e puer Joer och verantworten mus-sen, wa se nach dobäi sinn, datt d'Ennerhaltskäsche vun deem Ganzen net méi ze droe sinn an dann och nach muss en Zousaz-kredit gestëmmt ginn, fir dat Ganzt erëm ofzerappen an ze recycléieren. Haut hu mer nach d'Méiglechkeet dat Ganzt ofzeblösen an deen, deen eis dat Ee do an d'Nascht geluecht huet, opzefuerdere säi Reschtmüll selwer ewechzehuelen an an engem vu sengen Héichwien, deen en am Ausland mat eise Steiergelder opkaaft huet, ze recycléieren.

Mir verlaangen net, dass eis Industriegeschicht soll vergiess sinn, mä mir verlaangen als ADR, dass se am Kader vun engem finanziell vernünftege Projet soll erhale ginn. Dës Chamber ka sech haut, wa se dese Projet stoppt, en Denkmal vun der Vernunft setzen, dat ganz sécher an der Erënnerung vun eise Matbirger bleiwe wäert. Wann dese Projet gestëmmt gëtt, dann erhalen mer eiser Nowelt vläicht fir e puer Joer e bësse Vergaangenheet, prekariséieren awer domadder eis finanziell Zukunft. A vous de choisir !

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

**M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany ageschriwwen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wëll versichen dee finanziellen Deal nach eng Kéier duerstellen, deen d'Regierung an der Fro vun den Industriebrooche mat der ARBED, respektiv Arcelor getraff huet.

Éischtens emol bréngt d'ARBED jo d'Halschent vum Terrain als Apport en nature eran an déi gemeinsam Gesellschaft mam Stat - dat ass d'AGORA - zum festgeluechte Wäert vu 75.000 aler Frangen den Ar. Si ass dofir awer och zur Halschent bedeelegt un de Benefis-sen, déi op dem Verkaf vun deem Terrain u privat Promoteure reali-séiert ginn. An dee Verkaf geschitt natierlech net zum Präis vun 75.000 Frang den Ar, mä zu engem

Präis, deen der Stolindustrie erlabe wäert nach schéi Benefis-sen ze maachen op dem Site vu Belval an dat ënner anerem och well op deemselwechte Site déi öffentlech Projekte geplangt sinn, virun allem d'Cité des Sciences, déi och déi privat Projeten, déi do wäerte kommen, enorm valoriséieren.

#### (M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Bekannt ass zum Beispill och, dass laut Accord tëschent dem Stat an der ARBED mussen 50% vun de realiséierte Benefis-sen un d'Aktionären ausgeschott ginn, wat eng enorm héich Zomm ass, wat jo och beweist, dass d'AGORA, déi u sech zwar keng Benefis-sen mécht, awer en Instrument ass, fir dass d'Aktionären aus deenen Aktivitéiten, déi sech do entwéckelen, kënnen enorm Benefis-sen an Zukunft zéien.

Dat gëllt och fir de Stat, well nämlech déi aner Halschent vum Terrain huet de Stat der ARBED of-kaaft zum selwechten Terrainspräis vu 75.000 Frang. Ech mengen iwwerens, dass deen Achat jo awer scho geschitt ass, wann ech mech net ieren, dass déi Terrainë schonn och an de Besëtzt vum Stat iwwer-gaange sinn a wann ech elo héieren, dass d'Sanéierungs-aarbechten nach amgaange sinn, da froen ech mech awer, ob dann déi Obligation och erfëllt ginn ass fir ze sanéieren, ier dass déi Terrainen an de Besëtzt vun der AGORA iwwer-gaange sinn.

Also de Stat keeft der ARBED d'Halschent vun den Terrainen of, gëtt se an d'AGORA eran als Apport en nature an natierlech wäert och de Stat dann zukünfteg verdéngen un der Kommerzialisierung vun deenen Terrainen. Dat ass d'Virgeschicht.

Haut solle mer e Gesetz stëmme wou de Stat den Terrain, deen e brauch fir seng öffentlech Investi-tiounen ze maachen, Uni Lëtze-burg, Lycée, Archiven, Rockhal asw., der AGORA ofkeeft, zwar och zum relativ niddrege Präis vu 75.000 Frang den Ar an esouguer fir 10.000 Frang den Ar nëmme fir verschidden Etablissements pu-blics. Dobäi kënnt allerdéngs, dat ass och hei scho gesot ginn, e sub-stanzielle Präis fir d'Entwécklungs-käschen, dee bal bei 110.000 Frang den Ar läit, wat de Gesamt-käschtepunkt vum Projet op 85 Milliounen Euro, dat heescht op 3,4 Milliarden al Frangen dreift.

Eis Kriticken un deem finanzielle Montage, deen do bedriwwen ginn ass, si folgend: Éischtens, de fest-geluechte Präis vun den Terrainen ass vläicht isoléiert betruecht net iwwerdriwwen. Allerdéngs huet d'ARBED déi Terrainen, geschicht-lech gesinn, fir en Apel an e Stéck Brout kritt, huet vun enger staat-lecher Grouwekonzessioun profi-téiert, huet vill Suen aus de Réistof-fer an aus de Mënsche geschloen, awer och vill Subsiden an der Stolkris kritt, fir den Aarbechtsplazof-bau sozial ofzewéckelen a sech weltwäit zum „global player“ ze entwéckelen.

Dee verrechente Wäert fir déi al ausrangéiert Industrianlagen ass eiser Meenung no iwwerdriwwen, egal ob een elo driwwer speku-léiert ob d'Héichwien do mat dra sinn oder net, ob do pour mémoire hannendru steet oder net. Ech mengen, dass dee gesamte Präis iwwerdriwwen ass an dobäi kënnt nach de Restaurationspräis, wat een net därerf vergiessen, vun deenen Héichwien, dee jo awer och substanz-iell ass. Dat heescht, dee luewenswäerten Objektiv vun der Erhaltung vun der industrieller Mé-moire därer, an anere Wieder ge-sot, d'Stolhären näischt kaschten an dat, mengen ech, léisst jo awer déif blécken. Dat weist awer och op eng gewësse Mentalitéit hin.

An et kënnt nach dobäi - dat ass och schonn hei gesot ginn -, dass d'Sanéierung vum Site, déi jo am Prinzip zu Laaschte vun der ARBED geet, nëmme ganz notdürf-

teg geschitt a wahrscheinlech eng Belaaschtung fir d'Zukunft bleift, eng Zäitbomm fir d'Zukunft, wann ee jo weess, dass quasi e ganze Ronnebi-erg do vu Schuedstoff-er einfach nëmme soll zougedeckt ginn, an esouguer verschidde Ge-baier sollen direkt op Schuedstof-fer, déi nach am Buedem bleiwen, gebaut ginn.

Zweetens mengen ech - an dat ass awer och eng wesentlech Kritik un deem Ganzen hei - ass déi Dyna-mik ze kritiséieren, déi dee Projet hei ausléist. An zwar duerch d'Pre-senz vun enger Privatgesellschaft an der AGORA besteet den Drock zur Valorisierung, zur Verwäer-tung vun deenen Terrainen, an do-mat geschitt och ouni Zweifel an Zukunft eng enorm Verdeierung vun deenen Terrainen. Et si jo och scho grouss Promoteuren ugetra-rt fir hannert zouenen Diere sech dee Kuch do opzedeele.

An do muss ee soen, do sëtzt de Stat mat am selwechte Boot, an dat well e keng eege Budgetsmëttele méi huet, respektiv well déi méi knapp ginn, well d'steierlech Ëmverdeelung vum Räichtum, wéi se traditionell geschitt ass am leschte Jorhonnert iwwert de Wee vu Betribssteier, Kapitalsteieren oder Steieren och op grouss Re-venuen a Verméigen, ëmmer méi knapps gëtt. An d'Ëmverdeelung geschitt elo op engem Niveau ën-nendréiner, an déi aner Richtung, a si mécht sech bei jiddferengem bemierkbar, deen do wëllt bauen, zum Beispill um Site Belval, bei jiddferengem, deen eng Wunneng sicht am Quartier Belval-West.

Ech froe mech ob déi Leit, déi am Süden haut wunnen, ob déi nach do kënne bauen oder lounen. An et huet ee jo de Sozialbericht vun der Stad Esch gesinn, wéi vill Aarmutt et nach zu Esch gëtt, an do gesinn ech awer e grouss Risiko an der zukünfteger Entwécklung, dass mer op där enger Säit eng Aart Silicon Valley kréien, eng Cité des Sciences, en Dexia-BIL-Tuerm mat deene Wunnengen, déi och do dobäi passen, an op där anerer Säit vläicht d'Suen an d'Mëtteleen net méi do si fir an den Uertschafte ronderëm a besonnesch och an de Käre vun deenen Uertschaften a vun där Stad, déi ronderëm leien, nach eng ugemies-sen urbanis-tesch Entwécklung an Zukunft kënnen ze maachen.

#### (Interruptions)

Dir kennt eis Haltung zu deem Pro-jet Belval insgesamt. Ech hat schonns d'Geleeënheet, zweemol hei dozou ze schwätzen. Mir hunn eis all Kéiers enthal- bei deem Pro-jet. Och mäi Virgänger huet sech enthal- bei deem Projet hei, well mer der Meenung sinn, dass en zwar en interessante Projet ass, deen och gewëssen Zukunftschan-cen an Entwécklungschancë fir de Süde bréngt, mä wou awer eng Dy-namik dran am Kär enthal- ass, duerch déi Presenz ebe vun den Interesse vun där Gesellschaft do, deenen d'Terraine virdru gehéiert huet, déi awer ganz gären an eng aner Richtung weist. Net an eng Richtung vun enger équilibréierter Entwécklung, mä éischter an eng Richtung, wou d'Widderspré- ch an der Gesellschaft nach vill méi ausenaner klaffen, an ech mengen dat ass grad dat wat de Süden net brauch. Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, selbstverständlech gëtt hei mat deem Projet eng wichteg regionalpolitisch Weich fir de Sü-de gesat, an als Zentrumsdepu-téierte selbstverständlech wollt ech dat begrëissen, déi Dezentralisa-tioun, déi hei geschitt, an och déi nei Investis-sementer, déi hei fir de Süde gemaach ginn.

Et ass awer net dofir wou ech hei-hinner komm sinn. Ech wollt virun allem drop hiweisen, dass jo vun deene 27 Hektar, déi hei fir öffent-

lech Investissementer solle reser-  
véiert ginn, 12,5 Hektar fir d'Cité  
des Sciences a fir d'Studentewun-  
nungen op Belval sinn. An déi Cité  
des Sciences, dat gëtt jo dann en  
Deel vun der Uni Lëtzebuerg. Do  
kënnt jo d'Faculté des Sciences et  
de la Technologie hin. Dat heescht  
also dee fréieren Département des  
Sciences, dee vum Lampertsbi-  
erg dann op Esch-Belval soll kommen.  
Et kommen dräi CRPen hin: de  
CRP Lippmann, en Deel vum CRP  
Santé an de CRP Henri Tudor. Et  
kënnt och den IST, dee jo opgeet  
an der Uni op Esch-Belval, vum  
Kierchbi-erg fort. Et kommen de  
CEPS vun Déifferdeng, de Centre  
virtuel de la connaissance sur l'Eu-  
rope, deen am Schlass vu Sues-  
sem sëtzt, dat kënnt alles à terme  
op dee Site Belval zesummen. Dat  
ass och - mengen ech - ze begrei-  
sen, dass do also Synergie méig-  
lech sinn.

Ech wollt awer am Fong geholl vun  
der Presenz vum Minister vun der  
Landesplanung profitéiere fir en  
dofir ze sensibiliséieren, dass mer  
jo eng Uni gestëmmt hunn hei, wou  
mer dann, wa mer fäerdeg sinn,  
dräi oder souguer véier verschidde  
Siten hunn, woubäi vill Leit hei ge-  
sot hunn, dass et net schlecht wär,  
et ideal wier, wa mer ee Site hätten,  
mä pour le moins dass mer der  
zwee solle kréien, dat heescht, dat  
huet jo och net nëmme mat Lan-  
desplanung, mä och mat Ver-  
kéiersplanung ze din-  
n. Mir hu gëschter och dovunner geschwat,  
wéi d'Madame Hennicot hei war.  
Mir hunn also, wa mer d'Cité des  
Sciences, also d'Faculté des  
Sciences et de la Technologie  
hunn, hu mer also Belval. Dann hu  
mer Walfer mat der Faculté des  
Lettres et de la Pédagogie. Dann  
hu mer de Lampertsbi-erg, wat  
d'Zentraladministratioun gëtt an  
d'Faculté de Droit et d'Economie.  
A mir hunn ons Unisbibliothéik,  
déi mer op de Kierchbi-erg do an de  
Bâtiment Schuman setzen. Dat  
heescht also eigentlech véier Siten.

An ech wollt lech sensibiliséieren,  
Här Minister, dass mer weinstens  
sollte probéieren à terme zwee  
Siten ze kréien - vun der Unisbibli-  
othéik gesinn ech dann emol of -,  
dass mer weinstens deen Zenter,  
dee mer an der Stad hunn, dass  
mer do sollen een Ensembl maa-  
chen. De Site vum Lampertsbi-erg  
ass net ganz glécklech, well et um  
Enn vun engem Wunnquartier ass,  
an ech mengen och net, dass en  
esou ausbaufäeg ass. De Site vu  
Walfer bleift e kleng Site, musse  
mer wëssen. Déi Saache si wäit  
vuneneen ewech an an deem Bal-  
lungsgebit vum der Stad schwéier  
ënnereneen, vuneneen ze erree-  
chen, an dofir hunn ech gëschter  
schonn hei déi lddi virbruecht, an  
och schonn am Gemengerot vun  
der Stad Lëtzebuerg, dass mer ons  
solle Gedanke maache fir um Stad-  
gebit eng gréisser Fläch ze fan-  
nen, wou mer ee Site kënn  
maache fir den Zentrum vun der  
Uni Lëtzebuerg niewent deem vun  
Esch-Belval.

Fir mech ass zum Beispill e méig-  
leche Site dee vun den Industrie-  
broochen zu Dummeldeng, wou  
mer kënnten eppes Interessantes  
maachen: gutt ugebonnen un den  
öffentlechen Transport, gutt ver-  
bindbar mat dem Site vu Belval a  
mat der Unisbibliothéik. Mir wieren  
also do an engem ganzen Trakt ze-  
summen, an ech menge wa mer do  
an déi Richtung géife schaffen, Här  
Minister, dann hätte mer fir d'Land-  
esplanung a fir d'Unislandschaft  
zu Lëtzebuerg munches gemaach.  
Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Wuert  
huet elo den Här Innenminister  
Michel Wolter.

**M. Michel Wolter, *Ministre  
de l'Intérieur.*** - Här President, Dir  
Dammen an Dir Hären, och wann  
de Projet de loi an enger verhältnis-  
méisseg kuerzer Zäit elo hei am  
Plenum déi parlamentaresch Hürd  
wäert huelen, ass et e Projet dee  
vun enger extrem grousser Wich-  
tegkeet ass fir den Développement  
vun eisem Land.

Den Här Fayot huet richteg gesot,  
dass et am Kader vun der Dezen-  
tralisatioun e wesentlech Stéck do-  
ranner bedeit fir d'Stad Lëtzebuerg  
ze entlaaschten an dass et, men-  
gen ech, och unanime akzeptéiert  
ass vun alle Leit, déi sech an dee-  
ne leschte Méint a Joren zu deem  
Projet hei gemellt hunn, dass et  
wichtig war, dem Süden eng nei  
Zentralitéit ze ginn, dem Süden  
eng Zukunft erëmzeginn, déi en an  
deene leschten 30 Joer, au fur et à  
mesure wéi d'Stolindustrie ewech-  
gefall an ersat ginn ass duerch ad-  
ministrativ Aarbechtsplazen, déi  
sech awer haaptsächlech an der  
Agglomeratioun Lëtzebuerg nid-  
dergesidelt hunn, verluer huet.  
Duerfir schaffe mer zu ganz villen a  
schonn eng ganz Rei vu Joren dru  
fir dem Süden déi Zentralitéit erëm-  
zeginn, déi noutwendeg ass an en-  
ger koordinéierter Entwécklung  
vun eisem Land, déi wéi gesot net  
méi an Zukunft soll op eng eenzeg  
Plaz konzentréiert sinn, mä wou op  
e puer Plazen am Land sollen Dé-  
veloppemententer stattfannen.

Am Kader dovun hu mer de Site vu  
Belval als prioritäre Site deklaréiert,  
als dee Site wou am Süden en Dé-  
veloppement als Éischt soll ge-  
schéien, sachant pertinemment,  
dass och nach aner Siten zur Dis-  
positioun stinn, déi amgaange sinn  
och studéiert ze ginn, wéi den Tra-  
cé vun Éilereng, wéi den Tracé vun  
Déifferdeng, wéi d'Friche, déi mer  
zu Péiteng hunn, wou lues a lues  
konkret Projekte komme fir op deen  
eenzelne Plazen eng Entwéck-  
lung kënnen ze steieren.

Et war eis vun Ufank u kloer, wéi  
mer de Projet ugaange sinn, dass  
dee Projet nëmme kéint sech  
entwéckele wann de Stat e staarke  
Punkt géif setzen, wann de Stat  
sech géif engagéieren op Belval,  
wann de Stat eng Zort Virreideroll  
géif spille fir d'Privatinvestisseuren  
duerno an enger zweeter Etapp  
och op de Site ze kréien. Dofir hu  
mer an de Joren 2000-2001 inten-  
siv dru geschafft fir ze kucken en  
intelligente Mix ze fannen, deen  
där neier Dezentralitéit an och dem  
Site vu Belval eben dee Poids an  
déi Dynamik géif ginn, déi nout-  
wendeg waren.

Mir sinn als Regierung zur Konklu-  
sioun komm, dass mer e Mix wëllte  
maachen tëschent engem Deel  
vun der Universitét, wou ech dem  
Här Fayot direkt wëll soen - da ver-  
giessen ech dat net herno -, dass  
ech mat senger Interventioun hon-  
nertprozenteg d'accord sinn, dass  
et à terme ganz staark Sënn géif  
maachen, wann een d'Universitét  
Lëtzebuerg op zwee Siten, op  
zwee Sitë maximal, géif verlagere-  
n. Ech mengen et wier net méiglech  
gewiescht, och net politesch méig-  
lech gewiescht a vläicht och net  
sënnvoll gewiescht fir déi ganz  
Universitét an de Süden ze huelen.  
Ech mengen, d'Haaptstad Lëtze-  
buerg huet e wesentleche Roll ze  
spillen, an dofir ass déi Bipolaritéit,  
déi mir perséinlech ganz gutt  
gefält, fir deen een Deel an de Sü-  
den ze setzen, an deen aneren  
Deel an den Zentrum.

Et ass dofir ze suergen, dass mer  
duerch déi nei Konnexiounen, déi  
mir iwwert den öffentlechen Trans-  
port an deenen nächsten 20 Joer  
wëlle schafen, eng gutt Erreech-  
barkeet vun deenen zwee Sitë mat-  
enee kréien, wéi een och eng gutt  
Erreechbarkeet vun deene Siten zu  
deenen Hauptkonnexionspunkte  
par rapport zum Ausland muss  
kréien, wat d'Ubannung un den -  
Zuch ubelaangt, wat d'Ubannung  
un de Flughafen ubelaangt.

Dofir ass Är Propos, fir iwwert de  
Site vun Dummeldeng nozeden-  
ken, eng, déi sécher am Kader vun  
enger méi wäit gehender Re-  
flexioun iwwert d'Zukunft vun eiser  
Universitét an enger definitiver  
Bestandortung vun där Universitét  
ganz intensiv wäert studéiert ginn.

Mir hu gesot - an dofir huet et net  
ganz vill Zweck fir dorobber nach  
honnertmol anzegoen -, dass mir  
dee Projet als Stat net wëllten al-  
leng entwéckelen, dass mir deen

Deel vu Privatinitiativ, deen d'AR-  
BED als Propriétaire vun den Ter-  
rainen eis géif bréngen, gären hät-  
ten. Mir hätte gären, dass d'AGO-  
RA eng dynamesch Entwécklung  
géif ginn, wou net nëmmen no  
kommerziellen Aspekter géif ge-  
kuckt ginn - dofir ass de Partner  
Stat dobäi -, mä awer och net eks-  
lusiv no Développementskritären,  
well mir soss op der Zäitachs ris-  
kéiert hätten net do ze sinn, wou  
mir haut sinn.

Ech muss soen, bei alle Kriticken,  
déi ee kann äusseren, bei allen On-  
zulänglechkeeten, déi een huet,  
och um mënschleche Plang, wou  
Verschiddenes vläicht net honnert-  
prozenteg esou geet, wéi een dat  
heiansdo gären hätt, dass an dee-  
ne leschten dräi bis véier Joer an  
deem Dossier hei eng extrem gutt  
Aarbecht geleescht ginn ass. Ech  
mengen, et ass kaum een, dee ge-  
leeft hätt, dass mir no dräi Joer in-  
tensiven Diskussiounen an der Si-  
tuatioun wären, dass mer déi Ter-  
raine kéinte kafen, dass éischt Pro-  
jekte gestëmmt sinn hei an der  
Chamber, dass also kann um Site  
vum Belval ugefaange gi mat  
bauen, an zwar net nëmme vum  
Stat, mä och vun der Privatinitiativ,  
doduerch dass d'Dexia-BIL déci-  
déiert huet e ganz grousser Projet  
dohinner ze setzen.

Wat de Präis ubelaangt, ass et  
kloer, dass, wann een e Prix de  
vente verhandelt op engem Site,  
dee Präis verschidde Komponen-  
ten huet. Ech wëll elo net an den  
Detail vun engem Prix de vente  
agoen, mä e Prix de vente huet ver-  
schidde Komponenten. Et huet ee  
fir d'éischt de Prix d'acquisition  
vum Terrain brut, deen een um Site  
huet. Dann huet een de Präis, deen  
et kascht fir en Terrain ze viabili-  
séieren. Et huet een dann eventuell  
nach de Benefiss, deen deejene-  
gen, deen den Terrain wëllt viabili-  
séieren, wëllt maachen. Doraus-  
er ergëtt sech dee Moment de Prix de  
vente.

De Prix de vente vun deenen Ter-  
rainen hei ass zum Deel bëlleg,  
well mir eis vun Ufank u bewosst  
waren, dass, wann een op enger  
Friche eng Reconversionioun mécht,  
een déi net zum selwechte Präis ka  
maachen, wéi wann een déi op der  
grénger Wiss mécht. Mä dat war  
awer och ee vun den Objektiver,  
déi mir eis gesat hu bei der  
Entwécklung vun de Frichen. Mir  
hunn eis gesot, do si mir en pré-  
sence vun Terrainen, déi säit 100  
Joer an der industrieller Aktivitéit  
waren.

Ech muss dem Här Jaerling hei  
soen, dass et sech hei wierklech  
net nëmmen ëm d'Conservatioun  
vun engem Héichuewen handelt,  
mä dass et sech hei ëm d'Implan-  
tatioun vun honnerttausende vu  
Quadratmeter vun neien Infrastruk-  
ture fir de Süden handelt. Wa mir  
also d'Alternativ hunn, dat op de  
Frichen ze maachen zu engem  
Präis, deen um Niveau vun der Via-  
bilisatioun méi déier ass - dat ginn  
ech zou, mä däärs ware mir eis be-  
wosst -, oder dass mir nees op der  
grénger Wiss Perimeteren hätte  
mussen erwidere an nees nei Ak-  
tivitéiten an dehors vun de be-  
stoende Perimeter gehat hätten, da  
muss ech soen, dass mir zur Konk-  
lusioun komm sinn, dass mir d'Via-  
bilisatioun vun de Frichë géife vir-  
zéien an dat eis Prioritéit wär.

Et ass landesplaneresch an och an  
d'Zukunft orientéiert besser ge-  
schafft, wéi déi aner Alternativ,  
dass een en neie Site gesicht hätt  
fir d'Universitét ausserhalb vun de  
bestoende Perimeteren - well et  
ass do, wou een héchstwahr-  
scheinlech dee Moment e Site  
fonnt hätt - sou wéi mir eng Rock-  
hal, d'national Archiven, e Lycée  
nees hätte missen op der fräier  
Wiss sichen, wéi mir dat an der  
Vergangenheet ëmmer gemaach  
hunn a wéi mir et an aneren Dealer

vun eisem Land jo och nach musse  
maachen.

Här Bodry, dee Rapport 95 zu 5  
ass net usuel. Et ass allerdéngs net  
usuel, well mir et hei mat enger Re-  
conversionioun ze din-  
n hunn, vun där  
mir vu virera woussten, dass  
duerch eng Rei Emstrukturéierun-  
gen, déi ee muss maachen, de  
Käschtepunkt an eng gewëssen  
Héicht géif goen.

Ech wëll awer nach eng Kéier be-  
tounen, dass mir net d'ARBED aus  
der Verantwortung entlooss hunn,  
fir d'Sanéierung vun den Terrainen  
ze maachen. Och eng Konventioun  
an där festgehal-  
e gëtt, dass ee  
probiert dat an enger gewëssener  
Fourchette ze halen, entbënt op  
Grond vun anere Gesetzgebungen  
de Propriétaire net déi - wéi soll  
ech soen - Sanéierungsarבעchten  
ze maachen, déi conforme sinn  
zum Gesetz. Och doriwwer ass iwwer  
zwee Joer verhandelt an disku-  
téiert ginn.

Wa mir zu där Léisung koumen,  
déi mir haut kennen, nämlech déi,  
dass mir eng Sanéierung um Site  
maachen, dann ass dat awer net  
wéi wa mir domadder d'Rad er-  
fonnt hätten. Wann Dir an Däitsch-  
land kucke gitt, no enger Zäit, wou  
och an Däitschland wéi och hei zu  
Lëtzebuerg d'Allheelmittel doran-  
ner bestanen huet, fir mam Löffel-  
chen alles ofkrazen ze goen, an  
d'Ausland ze féieren an et dann  
erëmzebréngen, da gesitt Dir, dass  
d'Leit awer scho laang dovunner  
ewech sinn. Se soen haut, d'Re-  
conversionioun vun de Siten an  
d'Oflagerunge vun den Altlaste  
kann um Site no moderne Kritäre  
gemaach ginn, ëm déi sech  
d'Emweltverwaltung an den  
Emweltministère bekëmmert hunn,  
wat eng Rei vu Käschten effektiv  
spuert, mä wat awer haut an der in-  
ternationaler Norm als eng gängeg  
Praxis ugesi gëtt, wann et sech ëm  
d'Reconversionioun vu Siten handelt.

E wesentlechen Aspekt, Dir Dam-  
men an Dir Hären, ass deen heiten:  
Wann een elo seet, et kascht eng  
Millioun, da muss een emol kuk-  
ken, wat mir awer och alles maa-  
chen. Et ass jo net, wéi wa mir elo  
eng Millioun den Ar géifen ausginn,  
an en fin de compte hätte mer  
näscht dofir. Mir kréie fir ronn 30  
Milliounen Euro - dat ass de Präis,  
dee budgétiséiert ass - e Park, e  
Park vu 26 Hektar. Wann ech de  
Süde kucken als eng Stadland-  
schaft, déi amgaangen ass kreéiert  
ze ginn, ass et extrem wichtig ge-  
wiescht an deem Kader do e gréis-  
seren zesummenhängende Park  
ze kreéieren, deen tëschent der  
Stad Esch an tëschent Suessem  
géif entstoen.

Ech sinn heiansdo verwonnert,  
dass d'Leit mengen, dass, wann  
een e Park vun där Envergure  
mécht, een dat zum Nulltarif géif  
kréien. Et muss een dat budgétis-  
éieren, an am Kader vun enger  
normaler Entwécklungsprozedur  
muss deen, deen herno d'Terrain-  
en an deem Gebitt keeft, dofir op-  
kommen. D'Alternativ ass déi, dass  
de Stat, dat si mir dann nees, seet,  
mir stellen déi Infrastruktur dohin-  
ner, mir bauen also dee Park vun  
26 Hektar op eis Käschten, an da  
kann s du soen, all déi aner Leit,  
déi duerno dann dohinner kom-  
men, an deen Terrain do kafe fir hi-  
re Business ze maachen oder fir  
dohinner wunnen ze kommen, déi  
hu mat deem Käschtepunkt näscht  
ze din-  
n. Domadder mécht een de  
Käschtepunkt u sech net méi  
kleng, et mécht ee just eng aner  
Repartitioun vun de Käschten, wéi  
se uleien. Ech ka mech awer erën-  
neren, dass an all deenen Diskus-  
siounen, déi mir jo och mat de Ge-  
mengen a mat den Experten am  
Concours zesumme gefouert hunn,  
ganz staark dorobber insistéiert  
ginn ass, dass e grousser Park do  
am Süde géif entstoen.

Et sinn iwwer 70 Milliounen Euro  
budgétiséiert fir Stroossen a Pla-  
zen. Dat geet u mat der Moderni-  
séierung vum Gelände, Stroossen,  
déi gemaach musse ginn, d'Haapt-  
tracen, d'Niewentracen, de Stahl-

hof, wat eng weider Plaz ass,  
d'Plaz fir de Statsarchiv, d'Place du  
St Esprit, Foussgängerzonen,  
Rampen, Tunnellen, Bautoracen,  
Drénkwaasser- an Ofwaasserge-  
schichten, Reewaasserkollekteren,  
déi musse gemaach ginn. Alles  
dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass  
net zum Nulltarif, do muss investé-  
iert ginn!

Et geet da weider mat deenen  
Emverlagerungen, déi mir musse  
maachen. Eng Werksbahn huet  
misse verluecht ginn, zwou Hoch-  
spannungsleitungen hu misse ver-  
luecht ginn, et huet eng Gasleitung  
misse verluecht ginn. Aner Emver-  
deelunge vun Installatiounen um  
Site, déi aus der industrieller Pro-  
duktiounszeit hierkomm sinn, an  
déi een op Grond vun der neier Af-  
fektatioun vum Site net méi konnt  
gebrauchen, hu misse gemaach  
ginn. Dat Ganzt chiffréiert sech op  
iwwer 20 Milliounen Euro.

Et bleiwen da ronn 50 Milliounen  
Euro fir de ganze Volet vum Déve-  
loppement vum Site, wat d'Ord-  
nungsmoossnamen, d'Grondstéck-  
sécherung, d'Planung, d'Projekts-  
teierung, de Marketing, d'Finan-  
zéierung, plus natierlech och enger  
Reserv, déi sech gehale ginn ass  
fir Verdeierungen, déi eventuell am  
Laf vun der Zäit géife kommen.

Et ass also falsch duerststellen,  
wéi wann een hei just e Käschte-  
punkt géif kréien, an et géif een  
näscht am plaz kréien. Et kritt een  
duerch de Käschtepunkt, duerch  
den Investissement, deen ee  
mécht, selbstverständlech eng  
Plus-value, nämlech den Aména-  
gement vun 120 Hektar Terrain hei  
zu Lëtzebuerg.

Ech hunn d'ailleurs dann de Ver-  
glach mam Kierchbi-erg gemaach.  
Do huet den Här Bodry och déi Fro  
gestallt, wéi et um Kierchbi-erg wär.  
Et war mir elo net méiglech an där  
kuerzer Zäit fir d'Viabilisatiouns-  
käschte vum Kierchbi-erg erausz-  
kréien. Ech kann lech awer de Prix  
de vente bei engem CMU1 um  
Kierchbi-erg, deen haut bei 3,5 Mil-  
liounen där aler Frang läit, soen.  
Da si mer hei nach meilewäit dovun  
ewech, wat en fin de compte fir  
den Endabnehmer, deen den Ter-  
rain kafe geet, de Käschtepunkt  
vum Terrain ass, deen e muss be-  
zuelen, par rapport zu deem, wat  
mir elo hei als Stat fir déi 27 Hektar  
bezuelen.

Ech hunn elo mat der Buerger-  
meeschtesch vu Mondorf ge-  
schwat, déi och e gréisseren Amé-  
nagementsprojet an hirer Gemeng  
huet, deen heescht „Am Brill“ zu  
Mondorf. Mir sinn eis an deem  
Gespräch eens ginn, dass och bei  
hinnen an der Gemeng, also um  
Niveau vun de Gemengen, dat géif  
deier ginn. Et ass also net nëmmen  
eng deier Saach, wann de Stat dat  
mécht.

Ech weess net, ob ech soll opha-  
len, Här President?

**M. le Président.** - Fuert Dir  
roueg virun, et ass interessant.

**M. Michel Wolter, *Ministre  
de l'Intérieur.*** - Wann een eng Via-  
bilisatioun vun engem Site wëllt maa-  
chen, a wann een déi Viabilisatioun  
vum Site no Kritäre wëllt maachen,  
déi mir eis ginn hunn, notament  
um Niveau vum Aménagement -  
mir hunn iwwer zwee Joer zesum-  
men an Aarbechtsgruppen an a  
Workshope gesiess fir ze kucke  
wéi een op eng propper Aart a  
Weis den Développement vun  
deem Site kënnt maachen -, dann  
ass et kloer, dass wann et herno  
ëm d'Bezuele vun deenen Infra-  
strukturmoossname geet, dass déi,  
déi wëllen dohinner kommen, an  
dat ass de Stat nun emol zu engem  
Drëttel, dass déi sech och un dee-  
ne Viabilisatiounskäschte musse  
bedelegen.

Et bleift awer, Dir Dammen an Dir  
Hären, dass de Stat 27 Hektar Ter-  
rain kritt. Och där-  
f een net ver-  
giessen, dass d'öffentlech Hand  
sech soll Terrainsreservé schafe fir  
hir Projeten, déi se op gewëssene  
Plazen hei am Land wëllt nidder-  
setzen.

A wann ech déi ganz Diskussioun iwwert d'Schoule kucken, d'Implantatioun vun de Schoulen an anere Géigende vum Land, da gesinn ech wéi wichteg et ass, dass de Stat regelméisseg op enger Rei vu strategesche Plazen am Land Terrainen opkeeft, fir sécher ze stellen, dass en och Terrainen huet fir déi Développementster kënnen ze maachen. Dobäi ass de Site vu Belval en extrem wichtige, well duerch de Fait, dass mer herno 20.000 bis 25.000 Aarbechtsplazen dohinner kréien a 5.000 Leit dohinner wunne kréien, brénge mer iwwerhaupt eréischt d'Masse critique eran, déi noutwendeg ass, fir eventuell eng Kéier eng nei Eisebunnslinn Richtung Stad Lëtzebuerg ze zéien, an domadder d'Dezentraliséierung, déi mer och am öffentlichen Transport dem Süde gare géife ginn, ze kréien.

Ech géif éischter dofir plädéieren, och en présence vum Budgetminister, dass de Stat regelméisseg probéiert op strategesche Plaze vum Land Terrainen ze kafen en vue vun enger Utilisation future, déi dann eng nei Generatioun vu Politiker ka maachen, compte tenu vun deenen Erausforderungen, déi de Stat huet. Et bleift, dass dat heite fir mech e ganz grouse Projet an e ganz wichtige Projet ass um Niveau vun der Zentraliséierung, dass mer, wéi den Här Bodry et richtig gesot huet, doduerch en zweete Pôle d'attraction et de développement schafen, dass et weider ee Projet ass, deen och dem Süden en tant que tel en Ureiz gëtt fir där regionaler Kooperatioun, sou wéi se am Gesetz vun 1999 iwwert den Aménagement du territoire virgesinn ass, kënnen nozegoen.

Et ass sécher esou, dass mer an de Budgete vun de Joren 2005, 2006 an 2007 déi noutwendeg Moyenë musse virgesinn, fir net nëmmen den Ukaf vun den Terrainen, mä och de Finanzement vun de Projekte kënnen ze maachen. Mir hunn, wéll ech awer och soen, jo d'Optik definitiv zrëckbehalen, dass mer fir all eenzelne Projet nach eng Kéier bei d'Chamber kommen, fir separat de Vote vun der Chamber ze kréien, fir dass mer wëssen a wat fir eng Richtung, dass et geet.

Ech wëll dem Här Bodry nach äntwerten op déi Fro iwwert d'Konstruktiounen. Et ass esou, dass mir mat der ARBED deemools eens gi waren, dass mer déi Gebailechkeete fir ongeféier 5 Milliounen Euro géife kafen. Fir awer sécher ze sinn, wat d'Valeur réelle vun deenen Terrainë wär, hu mer eng onofhängeg Expertise maache gelooss iwwer e Büro an déi onofhängeg Expertise ass op eng Valeur vu bal 16 Milliounen komm. Woraus mir d'Gewëssheet gezunn hunn, dass mer fir 5 Milliounen net ze deier géife kafen, wann d'Valeur vum deem Ganze vun engem Onofhängegen op bal 16 Milliounen geschäit ginn ass.

Op de Rescht sinn ech agaangen.

Absolut net d'accord muss ech mat der Interventioun vum Här Jaerling sinn. Éischstens ass se absolut contraire zu deem, wat seng eege Partei während enger ganzer Rei vu Joren hei an der Chamber gesot huet, notament an de Joren 1996 an 1998, wéi d'Chamber duerch Motiounen de Stat opgefuert huet, net nëmmen en Héichuewen, mä zwee Héichuewen ze kafen.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Hutt Der den Här Adenauer kennt, a wësst Der, wat deen an esou engem Fall gesot huet?

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Den Här Adenauer, jo, dee sot?

**M. Aly Jaerling (ADR).**- „Was kümmert mich mein Geschwätz von gestern.“

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Voilà, dat ass eppes, dat misst Der fir lech behäerzegen, Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Mir sinn haut an enger anerer Situatoun wéi deemools.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- En huet och gesot: „Was hindert mich daran mit jedem Tag klüger zu werden?“

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Den Här Adenauer huet nach eppes gesot. Dee war nämlech eng Kéier Bundeskanzler ginn op eng Stëmm, an dunn huet e gesot: Déi wichtigst Stëmm, dat war déi, déi ech mer selwer ginn hunn, fir Bundeskanzler ze ginn.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Well den Här Jaerling all déi Prioritéiten opgezielt huet, déi fir seng Partei wichtig wäeren, wëll ech dem Här Jaerling soen, dass déi Prioritéite scho laang och eis Prioritéite sinn. Mä eng wesentlech Prioritéit, déi Dir net hutt, dat huet ee ganz kloer haut aus Är Ried eraushéieren, nämlech d'Investissementen vun der Zukunft fir eist Land ze schafen: Plaze sécher ze stellen, wou mer Universitëiten, Lycéeën, de Statsarchiv a kulturell Aktivitéite kënnen hisetzen. Do dergéint hutt Dir haut, Här Jaerling, mat Är ganzer Partei geschwat.

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Ech hu gesinn, Här Gibéryen, wéi Der Är A verdréint hutt, wéi den Här Jaerling geschwat huet. Ech géif lech dorun erënneren.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, ech froe parole après ministre.

**M. le Président.**- Wat huet den Här Minister da gesot? En huet lech dach net beleidegt.

#### (Hilarité)

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech wëll nach eng Kéier hei klorstellen, dass ech am Ufank vu menger Intervention gesot hunn, dass ech léiwer gehat hätte, dass déi Projetë getrennt behandelt gi wäeren. Dee Projet Industriemuseum ass eng Saach an déi aner Investitiounen sinn aner Saachen. An dat fir ze verhënneren, dass hei eng Verwäschung vun deem Ganze kéim. Dat war dat, wat ech am Ufank gesot hunn.

Wann ee schwätzt, wat 1996 war a wat elo ass, do kënnt Der lech bestëmmt erënnere wéi d'Regierung sech géiert huet mat hire budgetäre Previsiounen. Do huet se och virun dräi Joer eppes ganz aneschtens gesot, wéi dat wat se elo seet.

#### (Interruption)

**Une voix.**- Mir hunn eis ugepasst.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Hei ass et genau datselwecht.

Ech wëll lech soen, Här President, de Shakespeare huet eng Kéier gesot: „Eist Gewësse léisst eis zu Feiglinge ginn.“ Mä dee Problem huet dës Regierung net.

**M. le Président.**- Hei huet jiddfereen d'Recht seng Meinung ze soen, an et ass d'Mehrheet, déi entscheet.

**Plusieurs voix.**- Voilà!

**M. le Président.**- Mir gesinn elo gläich, wou d'Mehrheet ass.

D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5152 a stëmmen driwwer of.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleierende Gesetzesprojet.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi 5152 ass ugehall mat 47 Jo-Stëmmen, 7 Nee-Stëmmen an 1 Enthaltung.

*Ont voté oui : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer (par Mme Nancy Arendt), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. John Schummer), Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydia Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

*Ont voté non : MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu : M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ?

#### (Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour, en Ofkommen tëschent Lëtzebuerg an der Belsch iwwert déi duebel Besteuerung. Et si schonn ageschriwwen : déi Häre Krecké, Rippering a Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

### 6. 5169 - Projet de loi portant approbation de l'Avenant, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2002, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en vue d'éviter les doubles impositions et de régler certaines autres questions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et le Protocole final y relatif, signés à Luxembourg, le 17 septembre 1970

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5169 huet als Objet d'Zoustëmmung vun der Chamber zum Zousaz vun engem dueble Besteierungsafkommen tëschent Lëtzebuerg an der Belsch.

Et ass en Zousaz zu där Konventioun, an normalerweis géng dat bedingen, dass mer ganz séier iw-

wer esou e Projet kënnten ewechgoen, mä de Projet enthält trotzdeem véier wichtig Punkten : Engersäits fir d'Lëtzebuurger Baue- ren, op där anerer Säit fir d'Lëtze- buerger an d'belsch Frontalieren an op där leschter Säit fir d'Lëtze- buerger Transportgesellschaften. Dofir erlaabt mer, dass ech e wéi- neg méi am Detail dorop aginn.

Déi Konventioun tëschent der Belsch a Lëtzebuerg ass déi eelste Konventioun, déi mer an der Due- belbesteuerung kennen. Si huet praktesch an deene 70 Joer, wou se besteet, keng Emännerung voll- zunn, mä dofir hunn awer verschie- de Sträitfäll sech an deene leschte Joren erweisen, a fir déi ausemär- zen ass deen Zousaz hei wichteg.

Ech hu gesot, dass déi Konventioun besonnesch wichteg ass bei der Besteuerung vun de Lëtzebuurger Baueren, déi Propriétaire vun Ter- rainen an der Belsch sinn, well déi sinn op deem Revenu, dee se op deenen Terrainen erreecht hunn, forfaitaire besteiert ginn. Par contre, déi belsch Baueren, déi hir Terrainen exploitéieren, déi profi- téiere vun deene Steiererlichterun- gen, déi duerch hir Familjesitua- tioun entstinn. Si profitéiere vu ver- schiddenen Abatementen, déi vir- gesi sinn. Dovunner hunn déi Lët- zebuurger Bauere bis elo net profi- téiert. An dem Zousaz vun dëser Konventioun gëtt elo festgehalen, dass déi Lëtzebuurger Baueren, déi also Propriétaire vun Terrain an der Belsch sinn, och an der Zukunft vun deeneselwechten Dispositi- onne kënnen profitéiere wéi dat hir belsch Kollege maachen.

Déi zweet Modifikatioun betrëfft d'Besteuerung vun Lëtzebuurger Frontalieren, déi an d'Belsch schaf- fe ginn. Also, där gëtt et jo manner wéi belsch Frontalieren, déi a Lët- zebuerg schaffe kommen. Et ass kloer, dass déi Frontalieren esou wéi déi belsch Frontalière bei eis be- steiert ginn; also déi Lëtzebuurger Frontalieren an der Belsch ginn an der Belsch besteiert. Si sinn och bis elo forfaitaire besteiert ginn, al- so ouni Berécksichtigung vun hirer Familjesituatioun an ouni kënnen déi eenzel Abatementen an Usproch ze huelen. Duerch dësen Zousaz gëtt déi Diskriminatioun och aus der Welt geschaf, dat heescht déi Lëtzebuurger Fronta- lière kënnen an der Zukunft ënnert deeneselwechte Konditiounen be- steiert gi wéi e Salaré an der Belsch.

Déi drëtt Modifikatioun betrëfft déi belsch Chaufferen, déi hei zu Lët- zebuerg bei enger Transportfirma schaffen. Den Droit commun an der Transportbranche ass deen heiten: Vu dass déi Chauffere jo meeschtens weder an deem Land direkt usäseg sinn nach an deem Land fueren, wou hir Gesellschaft ass - dat heescht, si fuere prak- tesch duerch ganz Europa -, ass dofir den Droit commun deen, dass se normalerweis do besteiert ginn, wou se wunnen. Dat huet awer de Lëtzebuurger Transportfirmen vill Problemer gemaach. Datselwecht ass iwwerregens mat Däitschland de Fall, wou mer déi do Konventioun nach net verbessert hunn.

Fir déi Problemer aus der Welt ze schafen, huet Lëtzebuerg ver- laangt, dass déi Chaufferen an der Zukunft hei zu Lëtzebuerg be- steiert ginn. Dofir ass och en drët- ten Zousaz an déi Konventioun mat erakomm, sou dass also an der Zu- kunft déi belsch Chaufferen, déi an der Belsch wunnen an hei zu Lët- zebuerg bei enger Transportfirma schaffen, hei zu Lëtzebuerg be- steiert ginn.

Eng véiert Dispositioun ass d'Be- steuerung vun den Zousazpensioun- en, also vun engem belsche pen- sionéierte Résident, dee Revenuen aus engem Pensiounsfong bezitt, deen duerch eng Lëtzebuurger En- treprise gespeist ginn ass. Et ass jo esou, dass iwwert d'Gesetz vun de Pensiounsfongen, wann eng Entre- prise eng Zousazpensioun fir seng Employéé mécht, déi Contribu- tioun, déi d'Entreprise zu deem

Fong mécht, bei dem Employé als Revenu zu engem Forfait vun 20% hei zu Lëtzebuerg besteiert gëtt. Dat huet als Corollaire, dass, wann deen Employé herno eng Pensioun aus deem Fong bezitt, déi Pen- sioun net eng zweete Kéier be- steiert gëtt.

Or, an dësem Zousaz vun der Kon- ventioun gëtt och festgehalen, dass vun deene belsche Frontalle- ren, déi hei op Lëtzebuerg schaffe kommen an déi herno, wa se pen- sionéiert sinn, vun esou enger Zou- sazpensioun profitéieren, déi dann an der Belsch och steierfräi ass.

Dat sinn déi véier wesentlech Mo- difikatiounen vun dëser Konven- tioun. Dir gesitt also, dass dës Kon- ventioun wichteg ass, engersäits fir déi Lëtzebuurger Baueren, an- ersäits fir d'Lëtzebuurger Trans- portfirmaen an op där anerer Säit och fir déi belsch Frontalieren, déi herno vu Lëtzebuerg eng Zousaz- pensioun bezéien.

De Statsrot huet säin Avis favorable zu dësem Projet ginn. D'Kommis- sioun proposéiert och der Cham- ber dee Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit, an ech bréngen domadden den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Jeannot Krecké.

#### Discussion générale

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, vu dass eng Rei Adaptatiounen heivunner am Fong geholl eng logesch Kon- sequenz just hunn, hu mir kee Pro- blem domadder. Ech wëll aller- déngs just op zwee Punkten op- mierksam maachen.

Mir hunn u sech, wéi mer eist Pen- sion-complémentaires-Gesetz ëm- geännert hunn, jo och en Hanner- gedanke gehat, deen dann och am Fong geholl säin Nidderschlag elo an dëser Konventioun fir d'éischt fënnt. Well am Prinzip sinn d'Pen- sions complémentaires besteeierbar an deem Land, wou se ukommen, an net an deem Land, wou se aus- bezuelt ginn. An dësem Fall hu mer dat fäerdeg bruecht, wat mer u sech als Hannergedanken haten. Et huet mech gewonnert, dass mer dozou komm sinn. An et wier net schlecht, wa mer bei där nächster Diskussioun iwwert d'Duebelbe- steierungsafkommen, besonnesch wann et e Land betrëfft wat ron- derëm eis ass, vläicht mol eng Kéier kucken: Mir hunn, wann ech et gutt an Erënnung hunn, ganz ënnerschiddlech Besteierungsaf- kommen, wat déi normal Pensiou- ne ubelaangt. Dat heescht, déi nor- mal Pensiounen si fir eng Rei Länner bei eis besteeierbar, déi legal Pen- siounen, awer net bei allen.

**Une voix.**- Dach.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech mengen, net bei al- len. Mä ebe just, ech wollt dat kuk- ken. Ech froe mech, ob et net esou- guer Portugal ass, wou mer eng aner Bestëmmung hunn.

Dofir wollt ech dem mëttlerweil atti- tréierte Rapporteur vun den Due- belbesteierungsafkommessen soen, et géng mech interesséiere vläicht déi nächste Kéier, wa mer géifen déi verschidden Ofkommessen um Niveau vun de Pensiounen kucken, well dat, fir e Land wéi eist ganz aner Ausmoossen huet wéi fir aner Länner, wou d'Proportiounen vun de Pensiounen, déi an d'Ausland iw- erweise ginn, ebe wesentlech méi grouss ass. Duerfir wier et vläicht gutt, dass mer eng Kéier géifen do- riwwer kucken, net dass mer eng Iwwerraschung kréien. Ech ka mech net erënneren, dass mer dat eng Kéier am Detail gemaach hunn. Fir de Rescht bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, ech wëll fir d'éischt dem Rap-